



datt da jiddwereen och der Meenung ass, datt mer musse kucken, datt mer déi Logistikzonen herno och un d'Fonctionnéiere kréien.

Et ass och ze soen, datt effektiv een Deel vun der Logistikzon, an zwar de Multimodal zu Beetebuerg, jo och geduecht ass, fir d'Camione vun der Strooss op d'Schinn ze kréien. Do kann een natierlech soen: „Okay, do zéie mer zousätzlech Camionen un.“ Ech mengen dat net.

Mir sinn en Transitland fir d'Camionen. An ech mengen, et ass ëmmerhin nach besser, wa se dann duerch d'Land kommen a mir kréien en Deel zu Beetebuerg erof op d'Schinn verlagert, wéi datt se weider mat de Camione fueren. Si géifen dann egal wéi och duerch eist Land fueren a wahrscheinlech souguer nach méi wäit duerch eist Land fueren, mä och do ass et wichteg, datt mer effektiv, wéi gesot, déi Camionen dann direkt an d'Zon erakréien an op den Zuch kréien an datt se net mussen duerch d'Uertschafte fueren.

Wéi gesot, dat ass ee Grond. An deen zweete Grond ass, datt ech effektiv gär hätt, datt mer méi Capacitéit kréien op deem Stéck do, awer net egal wéi, mä méi Capacitéit, fir déi intelligent duerno ze notzen. An ech sinn och net averstane mat Analysen, déi hei gemaach ginn, fir eis ze soen, duerch de Fait, datt mer elo d'A3 op zweemol dräi Spure bauen, datt mer doduerjer automatesch méi Flëssegheet op där Autobunn kréichen.

An ech sinn och net dermat d'accord, datt et en Zesummenhang gëtt. Zum Beispill d'franséisch Frontalieren, déi kommen, déi fueren net iwwert d'A3 eriwuer op d'A6, mä déi fueren iergendwou um Gaasperecher Kräiz meeschtens eraus a siche sech dann hire Wee an iergendeng vun deenen Aktivitéitszone ronderëm d'Stad oder an der Stad an op hir Aarbechtsplaz.

Dat heescht, mir kommen egal wéi an e Flaschenhals, wa mer do erausfueren. An dee Problem kréie mer net geléist, wa mer einfach nëmmen d'Capacitéit op zweemol dräi Spure ausbauen. Dat féiert just derzou, datt mer herno zweemol dräi Spure Stau hunn. An effektiv, mir kënnen dat dann och op véier Spure maachen, dann hu mer herno zweemol véier Spure Stau, well ëmmer erëm alles iergendwou an deem Flaschenhals wëllt erausfueren an dat herno e Réckstau produzéiert a well duerch de Fait, datt mer dann d'Impressioun ginn, datt méi Capacitéit do wär, mer esouguer éischter nach méi Leit kuerzfristeg erëm unzéie vum ëffentlechen Transport eriwuer zum Autosverkéier, fir op hir Aarbechtsplaz ze kommen, an dat eis herno eis Stroosse just méi belaascht.

Et gëtt iwweregens Géigenden a Stied an der Welt, do hu se Autobunne gebaut an den Agglomeratiounen, an den urbane Raim, vun zweemol aacht Spure. Also ech mengen, och déi ginn haut futti am Verkéier. Ech brauch lech se net opzezielen, Dir kennt se allegueren. An och an deene Stied, an den Agglomeratioune gëtt an déi nämlechte Richtung nogeduecht.

An iwweregens ass et esou, datt hei zu Lëtzebuerg - mir hu vläicht e spezifesch Problem, wat de Wuesstum ubelaangt, ech kommen nach dorobber ze schwätzen - mir awer net dee spezifesch Problem vun den Agglomeratiounen hunn, wou de Verkéier net méi geet. Ech mengen, et brauch een nëmmen d'Aen an d'Oueren opzemaachen, a wann een e bëssen duerch d'Welt kënnt, da gesäit een, datt et an allen Agglomeratiounen, wou eng grouss Wirtschaftsdynamik ass op der Welt, deen nämlechte Problem ass, an och iwwerall mat deenen nämlechte Mëttele versicht gëtt, dee Problem elo Meeschter ze ginn. A meeschtens geet et an d'Richtung, fir ze soen: Mir mussen an de Spëttestonnen, am Berufsverkéier manner privaten Individualverkéier kréien a méi ëffentleche Verkéier. A wa privaten Autosverkéier getäteg gëtt an de Spëttestonnen am Berufsverkéier, da mussen mer derfir suergen, datt méi wéi een an deem Auto sëtzt.

An dofir ass dat deen zweete Punkt, datt et muss drëms goen, datt duerch dee Méi u Capacitéit, dee mer hei schafen, mer do net méi nëmmen een am Auto sëtzen hunn, mä datt mer effektiv déi Spure dann esou intelligent notzen, datt mer d'Leit derzou beweegt kréien, zu zwee oder zu dräi am Auto ze sëtzen, well dat am Endeffekt herno derzou féiert, datt mer am Flaschenhals der manner hunn, well manner Autoen an de Spëttestonnen do sinn. Dat ass dat, wat mer als Zil mussen hunn.

Also wéi gesot, et gëtt zwee Grënn: éischstens d'Aktivitéitszonen, de Multimodal. An den zweete Grond ass dee Méi u Capacitéit, fir datt een deen herno intelligent notzt. An ech wëll dofir soen: Mir mécht op der A31bis - dat ass dann d'Extensioun a Frankräich - natierlech och e bësse Suergen déi Fro oder déi Diskussioun vum Peage. Mir mécht awer nach bal méi Suergen - well ech mengen, datt se wäert gebaut ginn - ob och d'Fransousen op där Säit mat op dee Wee ginn, dee mir wëlle goen. An

do hu mer och de Moment Diskussiounen. D'Ponts et chaussées sinn an engem Aarbechtsgrupp mat de Fransousen zesummen, fir ze kucken, datt déi nämlechte Philosophie, déi mir wëllen uwennen op eiser Säit, bei hinnen och weidergeet. An ech mengen, datt entretemps d'Erkenntnis do ass, och bei de Fransousen, datt dat dat Eenzege ass, wat eis wäert schlussendlech kënnen hëllefen.

Duerfir wäert och deen Ausbau siwe Joer daueren. Et gëtt gesot, dat wier eng laang Zäit. Dat ass richtig. Mä dat ass eng laang Zäit, well mer an enger ganz kriddlecher Verkéierssituatioun musse schaffen. Mir kënnen net egal wat maachen. Wa mir kéinten do ganz Stécker zoumaachen, da wär dat einfach, da géif dat natierlech net esou laang daueren. Mä mir mussen derfir suergen, datt permanent zweemol zwou Spuren op sinn. An Dir kënnt lech virstellen, datt dat komplizéiert ass. An och, wéi mer d'Echangeuren upaken, déi mussen jo all ëmgebaut ginn op där Autobunn. Dofir muss dat eent nom anere gemaach ginn, datt mer net en totale Verkéierschaos do produzéieren. An dofir dauert et esou laang.

Mä souwisou, och wann et manner laang géif dauere respektiv wann et bis eng kéier fäerdeg ass, ass et net esou, datt eleng duerch den Ausbau vun zwou op dräi Spure mer iergendeng Illusioun sollen hunn, datt dat de Verkéiersfloss wäert wesentlech verbessern. Mir kréien dat nëmmen hin, wa mer et intelligent notzen a wa mer awer och iwwer aner Saachen diskutéieren, op déi ech nach kommen.

Dann ass gefrot ginn no der Koordinatioun. Ech kann lech soen, datt d'Ponts et chaussées amgaange sinn, mat der CFL ze kucken, well d'Beetebuurger Eisebunnstreck gëtt jo och ausgebaut op véier Gleiser, vun zwee op véier Gleiser. An dat ass enk uneneegebonnen, déi Chantieren, do gëtt versicht, eng optimal Koordinatioun ze maachen tëschent der CFL an der Ponts et chaussées.

Ech mengen, d'Ponts et chaussées sinn amgaangen, de CITA komplett ëmzebauen a méi en „digitalen“ - entre guillemets - CITA, loosse mer en emol esou nennen, wou een an Zukunft och méi Méiglechkeeten huet, fir d'Verkéiersfloss besser ze regelen. Mir wëllen och am Stroossereseau ëmmer méi higoen an d'Richtung, datt mer d'Digitaliséierung notzen, fir wierklech méi Capacitéit aus de besteeende Stroossen erauszuhelen.

Duerch eng intelligent Steuerung, duerch déi Méiglechkeeten, déi et haut gëtt, kann ee 15% bis 20% Capacitéit méi erausschloen, ouni datt een eppes un der Strooss mécht. Dat ass alles an der Ausaarbechtung parallel zum Ausbau vun der Autobunn.

Et ass gesot gi virdrun, ech weess net méi vu wem, de Verkéier hätt 3% zougeholl. Ech kann lech soen, um Autobunnseuseau op där doter Autobunn, also op deem Stéck vun der A3, huet eleng am Joer 2017, dëst Joer, de Verkéier ëm 8% zougeholl. 8%, dat ass bei enger Belaaschtung vu bal 90.000 Autoen enorm. Duerfir, wann d'Leit da soen: „Ech hunn d'Impressioun, datt et all Mount méi schlëmm gëtt op där Autobunn“, dann hu se recht. Wann ech bei 90.000 Autoen an engem Joer 8% derbäihuelen, da kënnt Der lech jo ausrechnen, wiwilt datt dat der pro Mount ausmécht. Dat ass op enger Autobunn, déi souwisou schonn 20% iwwert dem Saturatiounsgrad läit, enorm. An dofir ass et och kloer: De klengsten Accident, dee geschitt, da geet iwwerhaapt näischt méi op där Autobunn, da steet dee ganze Buttek. Wéi gesot hunn d'Leit recht, wa se dat esou empfangen, et ass esou.

An duerfir ass et natierlech och esou, datt, wa mer déi Zuelen do kucken, da mussen mer eis - elo ginn ech dem Här Gibéryen recht - och d'Fro stellen doriwwer, wéi dat Land an Zukunft soll wuessen. An ech si jo amgaangen, mat der Landesplanung en Dokument auszuschaffen. Dat wëlle mer der Nohaltegkeetskommissioun Enn Januar, ufanks Februar presentéieren. Dat soll d'Basisdokument si fir déi Debat, déi mer jo fixéiert hunn, fir se Enn Februar hei an der Chamber ze féieren iwwert déi ganz Entwécklung vu Lëtzebuerg, wou déi ganz Wuesstumsproblematik jo eng gréisser Roll spillt. An do wäert Der all déi aktualiséiert Zuelen dran hunn, sougutt wéi mer gewuess si populatiounsméisseg, aarbechtsplazméisseg, d'Perspektiven, firwat an esou weider. Déi ganz Detailler wäerten do dra sinn, well dat si wierklech déi lescht aktualiséiert Zuelen.

A vu datt ech der scho vill gesinn hunn, soen ech lech - ech hunn et och schonn oft gesot an deene leschte Méint: Si si wierklech alarmant. An et ass och kloer, ob et eng Autobunn ass, eng Strooss, en Zuch, en Tram oder e Bus: Mir kënnen ganz vill Efforte maachen, a mir maachen der de Moment ganz vill fir d'Infrastrukturen, mä eleng mat den Infrastrukturen kréie mer de Problem net an de Grëff! Dat ass ganz däitlech, wann Der déi Zuele wäert gesinn. A wann

déi Dynamik einfach weiderlafe gelooss gëtt, esou wéi se déi lescht 20 Joer lafe gelooss ginn ass, da wäert dat éischstens net ze packe sinn, an och net ze finanzéiere sinn.

An ech kann nëmme staunen, wann ech elo lénks a riets liesen, wat et alles vu Wonschleschte gëtt. Ech hat bal geduecht, et wär Kleeserchersdag, wéi ech eng Lëscht gelies hunn déi lescht Deeg. Wann ech op där enger Säit héieren, datt d'Regierung virgeworf kritt, si hätt d'Finanzen net am Grëff a si géif mat Scholde Saache finanzéieren, an da liesen ech do déi Lëschten... Ech hunn nëmme versicht, mat menge Leit ganz graff ze schätzen, wat dat alles géif kaschten, déi Lëscht, déi doruechter geegeschtert ass: Dat ass gigantesch par rapport zu deem, wat mer amgaange sinn ze maachen! An dat ass schonn net schlecht, behaapten ech emol, wat mer amgaange sinn ze maachen. Et muss ee mer emol soen, wéi een dat da wëllt finanzéieren!

Ech wësst och emol gär, wéi déi Widderspréch dann opzehiewe sinn, wann een op där enger Säit wëllt soen, dës Regierung géif ze vill Suen ausgi fir den Invest, a wann een op där anerer Säit esou Lëschte virleet an awer dobäi net seet, wéi een déi wëllt finanzéieren. Mä mir kréie jo dann an deenen nächste sechs Méint genuch Geleeënheet, dat ze diskutéieren. Ech waarden da mat Freed op déi Diskussioun.

Här President, ech wëll der Chamber Merci soe fir déi breet Zoustëmmung. Wann ech dat richtig gesinn hunn, gëtt dëst Gesetz jo mat 58 Stëmme gestëmmt. Deenen 58 Deputéierte wëll ech Merci soen.

Ech wëll och soen, datt ech déi Motioun, déi d'Madamm Lorsché hei presentéiert huet, wou jo och déi meescht Gruppéierungen heibannen ënnerschriwwen hunn, ganz gutt fannen. Et ass net u mir, der Chamber ze soen, wéi se ze stëmmen huet, mä op alle Fall begrëssen ech déi Motioun, well se geet genau an déi Richtung wéi dat, wat ech och denken. Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'Wuertmeldungen zu der Motioun maache mer herno. Da stëmme mer elo direkt iwwert de Projet 7144 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7144 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

58-mol jo an zweemol Nee, domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Martine Mergen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par Mme Simone Beissel), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

D'accord. Dann ass dat esou decidéiert.

Motion 1

Dann zu der Motioun, déi den Här Minister ugeholl huet, do mussen mer nach ofstëmmen. Sidd Der d'accord, dat mat Handophiewen ze maachen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass derfir?

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Gëtt et Enthaltungen?

Keng, domat ass d'Motioun unanime ugeholl. Ech soen lech Merci.

A mir géifen dann zu dem leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7209 an dem Projet de loi 7210 iwwert d'Verlängerung vun der Tramslinn, déi mer zesummen an enger Diskussioun wäerte behandelen. Et sinn zwee Projeten, 7209 an 7210. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

6. 7209 - Projet de loi portant sur la construction du prolongement de la ligne de tramway à Luxembourg entre la Gare centrale et la station Cloche d'Or

7210 - Projet de loi portant sur la construction du prolongement de la ligne de tramway à Luxembourg entre le Circuit de la Foire internationale et l'aéroport du Findel

Motion n°1 de M. David Wagner relative à l'introduction de la gratuité universelle des transports publics luxembourgeois (liée aux projets de loi 7200 et 7201)

Motion n°2 de M. David Wagner relative à l'opposition à toute politique de dumping social dans la société Luxtram (liée aux projets de loi 7200 et 7201)

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Villmools Merci, Här President. „Dee leschten ass dee beschten“, seet een esou schéin. Ech mengen, dat wier dësse Projet de loi.

Dir Dammen an Dir Hären, de 4. Juni 2014 huet d'Chamber mat 57 vu 60 Stëmmen zwee wichteg Mobilitéitsgesetz gestëmmt. Dës Gesetzter hu sech ergänzt a si schonn zum Deel ëmgusat. Dat Éischt war geduecht, fir de Bau vun enger Tramslinn tëschent der Luxexpo an der Stater Gare ze finanzéieren. Dat Zweet war dat iwwert de Bau vum Arrêt Pont Rouge mam Funiculaire, dee grad ewéi den éischten Tronçon vun der Tramslinn dee leschte Sonndeg definitiv a Betrib gong.

Um Ordre du jour vun haut stinn nees eemol zwee Gesetzter, déi sech ergänzen, an och dës kéier als Utilité publique deklaréiert ginn. Si si geduecht, fir de Projet vum Tram zügeg weiderzedreien. Ganz einfach, well den Tram dréngend gebraucht gëtt.

Beim éischten, dem Projet de loi 7209, handelt et sech ëm d'Extensioun vun der Tramslinn tëschent dem Kierchbiert an dem Findel, beim zweeten, dem Projet de loi 7210, ëm d'Extensioun tëschent der Stater Gare, dem Houwald, dem Ban de Gasperich an der Cloche d'Or.

Anescht wéi ursprénglech am MoDu virgesinn, sollen dës zwou Linnen net eréischt um Horizont 2030, mä schonn am Dezember 2021 funktionsfäeg ginn. Den Dezember huet sech jo scho fir Aweeunge bewäert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Et gëtt also e gudd Grond, firwat mir mam Vott vun dësen zwee Projeten net laang wëlle waarden.

Deposéiert goufe se allen zwee de 14. November 2017 vum Minister François Bausch. An der Nohaltegkeetskommissioun vum 30. November 2017 huet de Minister se zesumme mat de Responsabele vu LuxTram - dem Här Von der Marck - a vum MDDI am Detail virgestallt. Ech wëll just op dëser Plaz e Resumé maachen, well déi technesch Detailler wäit reechen.

Ech loosse lech d'Dokumente mat de Biller a Grafiken awer ganz gär zoukommen, wann dat lech interesséiert.

Bei der éischter Extensioun, dem Projet de loi 7209, geet et, wéi gesot, ëm d'Ubannung vum Tram un d'Cloche d'Or mat Start bei der Stater Gare. Dës Extensioun ass 4,9 km laang a beinhaltet insgesamt siwe Statiounen an dräi Pôles d'échange. Dat setzt virus, dass insgesamt siwe Rammen op där Linn fueren, mat enger Capacitéit vu 450 Persounen pro Ramm. De Präis vun enger Ramm läit iwweregens bei 4 Milliounen Euro.

D'Extensioun vun der Gare op d'Cloche d'Or ass an zwee Tronçonnen agedeelt. Deen éischten, dat ass den Tronçon C vum Gesamtprojet, dee verleeft vun der Gare bis bei de Pôle



d'échange vu Bouneweg, deen an direkter Proximitéit zum Lycée technique vu Bouneweg läit, also e grouse Virdeel fir d'Schüler. De Fuertakt läit, grad ewéi tëschent dem Kierchbiërg an der Gare centrale, bei dräi Minutten.

D'Assise fir den Tronçon C ass iwwert d'Gesetz vum 24. August 2016 autoriséiert ginn. Dir kënnt lech warscheinlech erënneren: An deem Gesetz goug et ëm d'Moderniséierung vum Pont Buchler bei der Stater Gare mat der Schafung vun enger Ramm, déi op der Place de la gare ufänkt.

Zweetens dann och ëm de Bau vun der éischter Phas vun der neier N3 tëschent der Diddenuewener Strooss an dem Rangwee. Dat war de Module nord. Drëttens ëm den Aménagement vun der Diddenuewener Strooss tëschent dem Pont Buchler an der Bifurcation zu der N3. A véiertens ëm de Bau vum Pôle d'échange beim Lycée technique zu Bouneweg. Wéi gesot ass d'Assise vum Tram fir den Tronçon C mat dem Projet de loi schonn am Virfeld gestëmmt ginn, dofir brauche mer dat haut net ze maachen.

Den zweeten Tronçon vun där Extensioon, den Tronçon D vum Gesamtprojet, verbënnt de Lycée technique vu Bouneweg duerno mat der Cloche d'Or, dëst an enger Frequenz vu sechs Minutten. Dësen Tronçon verleeft duerch d'Rue d'Orchimont iwwert de Rangwee an d'Rue des Scillas bis bei de Pôle d'échange Houwald, dee mir de leschte Sonndeg jo op eng zimlech amusant Manéier mat der Groussherzoglecher Koppel ageweit hunn.

Vun deem Pôle d'échange geet et weider iwwert d'Rue Albert Einstein bei de Lycée Vauban am Ban de Gasperich a vun do aus op de Boulevard Kockelscheier, wou eng nei Statioun wäert entstoen.

De Schluss vun där Linn befénnt sech um Pôle d'échange Cloche d'Or beim neie Fussballstadion. Op deem Site gëtt dann och e Park & Ride mat 2.000 Emplacementen geschaffen, nieft der Ubannung un d'Busser, der Installatioun vun enger mBox an enger vel'oh-Statioun.

Wat d'Kompensatiounsmoosnamen ugeet, esou ass op Basis vun der EIE virgesinn, datt e Bësch mat Lafbeem vun 345 bis 480 m² an der Géigend vum Gréngewald ugeplant gëtt, well et net méiglech ass, esou massiv Kompensatiounen am urbane Raum ze realiséieren.

D'Depensé leie fir déi gesamt Extensioon bei 114,9 Milliounen Euro a gi ganz vum Stat iwwerholl, mat Ausnam vum Park & Ride um Pôle d'échange Cloche d'Or, dee vun der Stad Lëtzebuerg kofinanzéiert gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu der zweeter Extensioon, dem Projet de loi 7210, déi de Kierchbiërg mam Héienhaff a mam Findel soll verbannen an 3,9 km laang ass. Op där Linn, op där fënnel Ramm wäerte fueren, si just zwou Statiounen virgesinn, eng um Héienhaff an eng um Findel. Am Géigesaz zu deenen anere Linnen, wou den Tram mat enger duerchschnëttlecher Vitesse vun ongeféier 25 bis 30 km ënnerwee ass, erreecht en op där Linn 70 km an der Stonn.

D'Extensioon fänkt beim Centre de remisage um Kierchbiërg un, iwwerqueert d'Autobunn A1 an zitt sech bis op de Parking vum Héienhaff, wou 4.000 Stellplaze wäerten entstoen. Ennstatioun ass, wéi gesot, um Findel.

Kompenséierungsmoosname ginn et der bei deem Projet eng ganz Rei, ënner anerem d'Kreatioun vun engem Bësch mat enger Fläch vu bis zu 9,6 ha, dem Bau vun enger ekologescher Bréck, déi de Süden an den Norde vun der Zone spéciale de conservation vum Gréngewald matenee verbënnt an d'Kreatioun vun neien Habitatstrukturen am Gréngewald.

D'Depense läit bei där Extensioon bei 99,1 Milliounen Euro. Och hei iwwerhëlt de Stat déi integral Finanzéierung.

Hei wëll ech bemierken, Här President, datt d'Depense fir d'Zuchstreck, déi an der Zäit vun der Gare op de Findel geplangt war, bei ganzer 1,3 Milliarden Euro geleeën hätt.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Genau!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Mat 99,1 Milliounen fir dëse Projet ass dat natierlech erstaunlech. Dat ass vill, vill manner wéi dat, wat fir den Zuch hätt missen investéiert ginn. An ech denken, dat gëtt vun alle Säite begréisst.

Erlaabt mir ofschléissend nach e Wuert zu de Sécherheetsbestëmmungen um gesamte Réseau vum Tram! Mam Projet de loi vum 13.

Juni 2017 sinn eng ganz Rei Moosnamen an Normen definéiert ginn, fir eng sécher Gestiou vum System ze garantéieren.

Wat zu Lëtzebuerg am Géigesaz zu anere Länner awer nach net méiglech ass, ass, den Tramsréseau an d'Kräizungen och mat Kameraen ze iwwerwaachen, fir eng onmëttelbar Visibilitéit op de Réseau ze hunn. Domat kéinte Geforen, wéi zum Beispill Autoen en panne oder aner Obstakelen, direkt um Schierm vum Poste de commande centralisé erkannt ginn.

Obscho keng eenzeg Donnée stockéiert gëtt an obschonn d'Persounen an d'Nummerschëlde géifen onkenntlech gemaach ginn, ass dës Form vu Supervisioun vum Réseau um Widerstand vun der nationaler Dateschutzkommissioun gescheitert. An der Kommissioun ware mir eis eens, datt dee Problem an nächster Zäit vun den zoustännegen Autoritéiten op de Leescht muss geholl ginn, fir eventuell Geforen op der Assise a virun allem op de Kräizungen esou séier wéi méiglech ze gesinn an esou séier wéi méiglech ze eliminéieren, ouni datt den Dateschutz a Gefor geréit.

Här President, a sengem Avis vum 28. November 2017 hat de Statsrot ausser e puer legisteschen a linguistesche Remarques näischt un deenen zwee Projeten auszesetzen. An och d'Kommissioun huet meng zwee Rapporte praktesch eestëmmeg ugeholl.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat sinn ech schonn um Schluss ukomm a ginn zur Ofwiessung emol net den Accord vun der grénger Fraktioun, well de Kolleeg Henri Kox och nach wëllt Positioun derzou bezéien. An ech denken, e mécht dat mat grousser Freed.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Rapportrice. An éischte Riedner ass den Här Marc Lies fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Marc Lies** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech mengen, de Mëtten ass e wichtige Dag. Hei geet et ëm d'Mobilitéit. Et geet ëm de Verkéier. An ech mengen, et ass wichtig, datt mer haut de Mëtten alleguerten, amplaz ze vill ze polemiséieren, dat Ganzt solle pragmatesch analyséieren an dann dee Moment och ugoen.

Ech mengen, wa mer alleguerten déi Problemer gesinn, déi Dag fir Dag an eise Gemengen, an der Stad a ronderëm, wat de Verkéier ugeet, (veuillez lire: oprieden,) dann ass et wichtig, datt mer derfir suergen, datt Äntwerte geliwwert ginn op déi Froen, déi effektiv d'Leit och dobaussen hunn. An duerfir sollte mer dat Ganzt nuanciéiert analyséieren an dann dee Moment awer och kucken, datt déi néideg Mesuren an deenen nächste Joren ergraff ginn.

Ech mengen, de Mëtte geet et ëm zwee Gesetzestexter, wat d'Prolongatioun vun der Tramstreck ugeet. Eng Kéier den 7209, deen da vun der Gare bis op d'Cloche d'Or geet, an deen aneren, de 7210, bis op den Héienhaff, zu deem mäi Fraktiounskolleeg, de Serge Wilmes, dann herno och nach e puer Wuert wäert soen.

Ech géif mech elo méi op deen Deel Gare centrale a Cloche d'Or beschränken, well deen nottamment dann och iwwert den Territoire vu menger Gemeng, der Gemeng Hesper, geet. Dat ass awer och een Deelstéck, wat ee relativ komplizéiert Deelstéck ass. D'Rapportrice, d'Madamm Lorsché, huet et virdu schonn ugeschwat gehat: Do muss entre autres de Pont Buchler verbreedert ginn. Dat heescht, datt den Tablier muss ausgebaut ginn, fir datt an Zukunft den Tram iwwerhaupt kann do-riwwerfueren, datt an Zukunft awer och déi duuss Mobilitéit verstärkt iwwert dës Bréck kann zirkuléieren.

Duerno geet et da viru mat enger Neibaustreck vun enger neier Strooss. An ech mengen, dat sollt een och eng Kéier ganz kloer ervirhiewen, datt mat där neier N3 eng Strooss geschaff gëtt, déi et erméiglecht, datt déi jëtzege Route de Thionville, déi ebe vun Alzeng erfort, vun den Alzenger Koppe bis op d'Gare centrale geet, an Zukunft kann zrëckgebaut gi mat där neier N3, wou dann eng ganz Partie vum Trafic soll och ronderëm d'Gemeng Hesper geleet ginn. Dëst ass awer ee relativ komplizéiert Unterfangen, vu datt et dräi verschidde Moduller sinn: de Module nord, de Module central an de Module sud. Ech wäert herno nach eng Kéier kuerz dorop agoen, well, wéi gesot, déi eng oder déi aner Komplikatioun sech awer och mat der Ëmsetzung vun deem Neibau vun där N3 wäert doen.

Ben, mat der Neibaustreck vun der N3 duerno duerch de Module central iwwert den Houwald firt den Tram da bis op de Boulevard de Kockelscheuer an da viru bis bei de Stadion op Cloche d'Or. Ech mengen, mir gesinn et all

Moie respektiv héieren et och an den Noriichten, elo mat deem Chantier, deen opsäite vun der Stad Lëtzebuerg um Ban de Gasperich, Cloche d'Or am Moment amgaangen ass, gebaut ze ginn, dat huet Revendikatiounen, oder Repercussioune besser gesot op de ganzen Trafic ronderëm déi ganz Stad.

Dat ass ee Riseproblem. D'Stroosse sinn awer nach net alleguerte gebaut. Ech kucken douewen den Här Fox, deen nach äifreg amgaangen ass, de Boulevard de Kockelscheuer fäerdeg ze bauen an awer och de Boulevard F.W. Raiffeisen. Wann effektiv déi Stroosse bis fäerdeg gebaut sinn, wäert sech och sécherlech déi Verkéierssituatioun um Ban de Gasperich awer och ronderëm nees eng Kéier e bëssen normaliséieren. Dat sollt oder dierft oder misst och eng Repercussioune op den Trafic dann an den Anrainergemengen hunn.

Ben, ech mengen, d'Mobilitéit war dës Woch ee grouse Sujet: de leschte Sonndeg mat der Aweigung vun der Tramstreck um Kierchbiërg, wou entre autres och d'Gare périphérique um Houwald an dann den Arrêt Pafendall, de Funiculaire an natierlech déi éischt Streck vum Tram ageweit gi sinn. Ee ganz, ganz wichtigen Dag, mengen ech, wat d'Mobilitéit hei zu Lëtzebuerg ugeet. An och wéi et de Minister Bausch e Sonndeg gesot huet: Dorun hunn iwwert déi lescht Jore schonn eng ganz Partie Ministere geschafft, fir datt wierklech dat leschte Sonndeg dann och konnt realiséiert ginn.

Just eng Kéier kuerz als Rappel: Dës Ëmsetzung vun deem ganzen Tramsystem mat senger Pôle-d'échange fousst op dem MoDu-Konzept, wat de 17. Februar 2012 vum deemolegen Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler virgestallt ginn ass. An ech mengen, et éiert den Här Bausch, datt e genau dëst MoDu-Konzept virugefouert huet an och ëmgesat huet an elo un engem MoDu 2020-2 schafft, wat wichtig ass, wat d'Mobilitéit an deem Land ugeet.

Wat d'Gare périphérique um Houwald ugeet: Ech hunn elo néng Joer d'Eier, Buergermeeschter vun eiser Gemeng ze sinn. Zanter méi wéi néng Joer gëtt och vun der Gare périphérique vum Houwald geschwat. Awer och vun engem Contournement ronderëm d'Gemeng Hesper gëtt zanter méi wéi néng Joer geschwat. Duerfir ass et wichtig, datt deem och Rechnung gedroe gëtt an datt virun dorunner geplangt gëtt, fir datt dëst och alles kann ëmgesat ginn.

Fir datt awer och den Tram an Zukunft eng Kéier ka bis op d'Cloche d'Or fueren, ass et awer och wichtig, datt verschidde Stroosse gebaut ginn. Ech hunn et virdu gesot, entre autres déi nei N3, de Module nord, gouf d'lescht Joer am Juni hei an der Chamber gestëmmt, de Gesetzestext 6998. Elo ass et awer wichtig, datt dat zentraalt Modul, dat heescht dann dat Stéck, wat um Houwald duerch d'Rue des Scillas geet, och gebaut gëtt. Wann déi Strooss nach net gebaut respektiv verbreedert ass, da kann an Zukunft weder een Tram nach ee Bus duerch dës Strooss fueren. Déi Strooss, déi muss onbedéngt erweidert ginn, fir dann dee Moment och där ganzer Entwécklung, déi am Ban de Gasperich, awer och an der Zone d'activité Houwald an deenen nächste Jore wäert kommen, entgéintzewierken. Duerfir muss dat onbedéngt geschéien, datt dës Aarbechte kënne gemaach ginn.

Duerfir, Här Minister, wëllt ech lech och froen: Wou ass de Projet de loi drun, wat dann dat zentraalt Modul ugeet vum Stroossebau? Wéini kënne mer mat deem Gesetzestext rechnen? Well ech mengen, dat ass eng Prämiss, ier datt iwwerhaupt kann dru geduecht ginn, datt den Tram duerch dës zentral Streck firt. An deene leschten 18 Méint gouf vill un deem zentralen Modul geschafft, nottamment wat dann heescht d'Rue des Scillas, eng Rue des Scillas, déi ee vergläiche ka mat der Neier Avenue. Dat si ronn 800 m vun dem Rangwee, dat heescht, wou et duerch den Tunnel geet fir an de Rond-point Glück bis erop bei de Cactus um Houwald. 800 m, praktesch eng Nei Avenue, déi do an deenen nächste Jore wäert gebaut ginn.

Do si vill Efforten an deene leschte Méint gemaach gi mat och deenen Hären, déi heu ewen op der Tribün sëtzen, mat dem Minister, awer och der Gemeng, den Urbaniste vun der Gemeng, de Ponts et chaussées, wéi ech scho gesot hunn, de CFL, LuxTram, Gestion de l'eau an natierlech net ze vergiessen alleguerten déi Propriétaires, déi eenzel Lousen op där Streck hunn.

Net méi spéit wéi dës Méindeg gouf och am Gemengerot vun Hesper eng éischt Modifikation ponctuelle, wat dës Strooss ugeet, gestëmmt. Wat wichtig ass, ass, datt och eng Libération vun den Terraine konnt gemaach ginn. Do sinn eng ganz Partie Emprisen, déi ze huele sinn. Duerfir ass et wichtig, datt eben och dës Emprisen an de Besëtzt vum Stat kom-

men. An do war eng enk Kollaboratioun tëschent der Gemeng Hesper, tëschent eben deenen eenzelnen Akteuren, déi ech elo just ernimmt hunn, an dem Stat, fir ze kucken, datt iwwer eng Densificatioun 3:49 vun deem ganzen Areal an der Rue des Scillas de Stat soll an de Besëtzt vun dësen Emprisen kommen.

Leider gouf bis elo just den Accord mat enger Partei fonnt. An duerfir ass et schued, datt déi aner Propriétaires net mat op deeselwechte Wee gaange sinn. Merci wëllt ech hei dem Nohaltegkeetsminister soen, awer och dem Ëmweltministère, vu datt eng SUP, strategische Umweltpflicht, huet misse gemaach ginn, an do gouf wierklech en dernière minute dann och vusäite vum Ëmweltministère gehollef, datt do schnellstméiglech een Avis géif virleien.

Ben, ech mengen, dat ass een Terrain, dee komplett bebaut ass, wou sécherlech net nach muss gekuckt ginn, ob do verschidde Grieser sinn oder verschidde Villercher do bréien, soudatt deen Avis schnellstméiglech konnt iwwermëttelt ginn un d'Gemeng, soudatt d'Modification ponctuelle an awer och d'Saisine vun där Modifikation mat der SUP zesumme konnt dës Méindeg agereecht ginn.

Duerfir, Här Minister, do vläicht och zwee Wuert vun Arer Säit, wéi et mam Rescht vun den Emprisen ausgesäit, well ech mengen, ouni Emprisen, do komme mer leider net virun. An ech mengen, do wäert wuel kaum Ponts et chaussées, den Här Fox oder soss ee Büro mandatéieren, fir ze schaffen, respektiv Entreprises, fir ze schaffen, wann net d'Emprisen bis dohinner geholl sinn.

Wat awer och wichtig ass an deem Deelbereich - an dat weess och den Här Minister -, dat ass, datt d'Zuchstreck, oder besser gesot d'Tramstreck, datt déi relativ no bei den Haiser wäert laanschtfueren. Dat heescht dann, am Rangwee respektiv an der Rue Eugène Welter an an der Rue Auguste Scholer um Houwald ass et wichtig, datt wierklech nach eng Kéier en détail mat dëse Leit gekuckt gëtt, wat d'Emprisen och op där Plaz sinn a probéiert gëtt, fir hinnen déi Angscht ze huele virun deem Neien, wat do op si wäert zoukommen, an awer och Schallschutz-, Lärmschutzmesuren op deene Plazen ze huelen, datt d'Leit an Zukunft och weider en toute tranquillité do kënne wunnen.

Ben, ech mengen, aus dëse Grënn, déi ech elo just kuerz erläutéiert hunn, gëtt sécherlech den Dezember 2021, wéi d'Rapportrice gesot huet, ee ganz, ganz sportlechen Timing. Mä gutt, ech mengen, am Liewen, do soll een Ziler hunn an et soll een och kucken, fir dës Ziler schnellstméiglech da kënnen ëmzesetzen. 2020, wéi gesot, dat ass net grad direkt muer, awer iwwermuer. An duerfir mengen ech, sollen déi Efforte schnellstméiglech op alle Säite gemaach ginn.

Här Minister, Dir verstitt, datt ech och no deem leschte Modul froen, wat dann dee Moment d'Süd-Modul ass - dat ass dann déi berüümt-berüchtigt Ëmgeungstrooss vun der Gemeng Hesper, och haut genannt Contournement d'Alzingen -, fir do ze froen, wou d'Avisen dru si respektiv wéini d'Consultation publique vun där Strooss ka stattfannen. Ech mengen, d'Awunner aus der Gemeng Hesper, awer och aus deene Gemenge ronderëm waarde mat enger gewëssener Impatience dorop, datt och elo Bewegung an dësen Dossier kënnt. An ech mengen, d'Consultation publique ass deen éischte Punkt, wou et dann och ka viruoen.

Déi lescht Fro ass déi, ob bei deem neie Quai op der Gare périphérique net d'Méiglechkeet besteet, eventuell och vun dem Park & Ride Sud respektiv deem neie Park & Ride, deen elo no bei der Fourrière wäert entstoen, een direkten Accès op dee Quai ze kréien. Well an derwäerts mussen d'Leit relativ wäit ronderëmlafen, fir op dëse Quai ze kommen. A wann do eng Méiglechkeet géif bestoen, mengen ech, wär dat och am Interesse vun alleguerten de Leit ronderëm.

Voilà. Aus deem Grond an, ben, ech mengen, allem deem, wat ech elo just opgezielt hunn, wëllt ech alleguerten deene Leit, déi heiru geschafft hunn - ech kucken hei op d'Tribün -, alleguerten de Büroen, déi un deem Projet geschafft hunn, ee grouse Merci soen. Ech wëllt awer och der Rapportrice, der Madamm Lorsché, Merci soe fir hiren ausféierleche Rapport. An ech ginn och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri** (*LSAP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 10. Dezember 2017 wäert an d'Geschicht vun der Mobilitéit zu Lëtzebuerg agoen. Ab leschestem Sonndeg



fiert zu Lëtzebuerg e modernen Tram, dat no-deems 25 Joer virdrun de Mouvement écologique déi sougenannte Knoflacher-Etüd fir e modernen Tram zu Lëtzebuerg mat private Gelder an Optrag ginn huet. Dat ass am Fong deen eenzege Saz, deen ech zur 25-järegger Vergaangenheet soe wäert. Ausser dem Hiweis, dass mir als LSAP ëmmer, ohne Wenn und Aber,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Roger Negri** (LSAP).- ... zum Tram stoungen an dass eis LSAP-Ministère Robert Goebbels, Mady Delvaux a Lucien Lux ëmmer dru geschafft hunn, de Projet Tram virunzebréngen.

Säit leschtem Sonndeg ass deen éischte Schrëtt mam Tram um Kierchbiereg gemaach. Et kommen der elo successiv no, wann déi scho säit Längerem gestëmmt nach aacht Kilometer bis op d'Lëtzebuurger Gare fäerdeggestallt ginn.

Haut stëmme mer eemol eng Extensiou vum der Lëtzebuurger Gare Richtung Houwald bis op d'Cloche d'Or bei den neie Fussballstadion a Park & Ride an eng zweet Extensiou vum der Luxexpo bis op de Flughafen um Findel.

Ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun zu dësen zwee Projet-de-loien a soen der Rapportrice Josée Lorsché e grouse Merci fir hir jeeweileg exzellente Rapporten.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Här President, et bleift nach e bëssen Zäit. Da géif ech mer erlaben, nach e puer Iwwerleeungen ze maachen iwwer weider Tramsextensiousméiglechkeeten, déi wäit iwwert deen nächste Wahltermin vum 2018 erausginn.

Dobäi wëll ech mech awer elo net mat der ganzer Mobilitéitsfro beschäftegen, de Minister huet jo an der Kommissioun annoncéiert, dass am Fréijoer 2018 en Débat de consultation dorüwer wäert stattfannen. Dofir wëll ech mech haut just mat Mobilitéitsfroen beschäftegen, déi sech reng op den Tram beschränke wäerten an och passend zu deenen zwee Projekte vum haut sinn.

Ech sinn dervun iwwerzeegt, dass den Tram eng Success Story wäert ginn ...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Ass! Ass!

► **M. Roger Negri** (LSAP).- ...an ass, mä nach weider wäert ginn,...

(Hilarité)

...wéi dat a villen anere Stied op der Welt de Fall ass.

(Interruption)

Ech mengen, dat kann een a ganz Europa gesinn an dorüwer eraus.

Dofir si mir als LSAP frou, dass, als Äntwert op meng diesbezüglich parlamentäresch Fro de Minister dat och schonn des Éfteren duerno gesot huet, d'Extensiou vum Tram op der Stäreplaz an der Stad iwwert d'Areler Strooss an d'Plans sectoriels opgehoill gëtt. An zwar iwwer Stroossen, d'Areler Strooss, zu Bartreng laanscht dee grouse Supermarché, den Tossbiereg erof laanscht déi zweet Europaschoul, de Mamer Lycée a wahrscheinlech op Ufro vum der Regierung och d'École de la 2^e Chance, déi deemnächst soll am Mamer Gemengerot via eng Modifikatioun vum PAG op den Instanze-wee goen.

Den Tram gëtt dann duerch Mamer verlängert iwwert d'Areler Strooss weider bis op d'Kräizung mat der Autobunnsofpaart an -ausfaart vu Mamer a Kapellen, wou jo dann och dem Plan sectoriel no e grouse Park & Ride soll gebaut ginn.

Wann déi haut gestëmmt, éischt Extensiou bis op d'Cloche d'Or bei den neie Fussballstadion fäerdeg ass, jo, dann ass et och net méi wäit bis op Leideleng an déi Zone d'activité. An och dat huet de Minister schonn an Aussicht gestallt, fir et an de Plan sectoriel eemol opzehuelen.

Jo, a vu Leideleng ass et och guer net méi esou wäit bis op Esch an op Belval op d'Uni an esou weider. A wa mer laanscht d'Escher Autobunn eng Véloexpresslinn bauen, da kéint ee sech jo emol vläicht iwwerleeën, ob net och Plaz do derniewent wär fir en zweemol 2,65 m breeden Tram, deen eng Schneis brauch vum zéng Meter, fir eng Tramtrass, déi déi zwou gréisste Stied, Lëtzebuerg an Esch, matenee géif verbannen. Dat mat engem Train-Tram, ech wëll net soe BTB.

A wa mer eis dann déi haut ze stëmmend Extensiou bis op de Findel ukucken, da kéint ee sech awer vläicht och nach eemol Gedanke maachen dierfen iwwer eng Trass laanscht de Flughafen bis bei d'Eisebunn zu Hamm respektiv op de Cents. Mat engem iwwerierdeschen

Tram - dat ass jo elo déi nei Donnée - bräicht een do keen Tunnel ze bauen, well den Train-Tram ganz aner Penté fuere ka wéi en Zuch. En Zuch ka maximal 25% fueren, bieregop, bieregop, d'Regel dovunner ass 12,5%, dat ass 1,25%. Den Tram packt 6%, bieregop, bieregop. Fir lech eng Iddi ze ginn: Dat ass esou géi wéi den Eecher Biereg, wann Der op Dummeldeng eroffuert. Do ass jo och den Tram an der Zäit gefuer.

Iwwerens wëll ech och hei drun erënneren, dass en Zuchprojet vum Hamm bis bei d'Luxexpo den 18. Dezember 2003 - dat ginn elo 14 Joer - hei an der Chamber gestëmmt ginn ass, deen de fréieren Transportminister Henri Grethen den 11. Februar 2003 hei an der Chamber deponéiert huet.

Ech hu mer dat emol ugekuckt, well do nach ëmmer vum engem véier Milliarden Euro deiere Projet geschwat ginn ass. Am finanzéierungstechnesche Plang vum deemools war de Projet vum Hamm bis bei d'Luxexpo op 390 Millionen Euro estiméiert ginn. An do ass interessant ze gesinn - ech hu mer en hei erausgeholl -, dass den Tronçon vum Hamm, Flughafen, Héienhaff bis quasi also op d'Tréier Autobunn 4,7 km laang war an op 172,75 Millionen estiméiert war.

Dat wäeren, wann een déi haiteg Extensiou vum Findel, déi mer jo elo dann haut geneemegen, bis op Hamm weiderféiert, zimlech genau véier Kilometer. Dat ass och zimlech genau déiselwecht Distanz, déi e Sonndeg a Betrib gaangen ass um Kierchbiereg. A wann een do kuckt, déi 172,75 Millioune vum 2003, wat dat kascht huet, an et géif ee sech do virstellen, net en Zuch ze bauen, mä en Tram - iwwerierdesch, ouni deieren Tunnel -, da kann ech mer net virstellen, wann ech de Gesamtpräis vum Tram kucken, deen ëm ronn 350 Millionen läit, dass dat fir déi Suen do net ze maache wär.

Dobäi ass eng Ausso aus dem „Lëtzebuurger Land“ vum 8. Dezember 2017, also viru knapp enger Woch, ganz interessant. A wann Der erlaabt, géif ech déi hei zitieren. Am Artikel vum Peter Feist heescht et: „Kann sein, dass in ein paar Jahren neue Schienenverbindungen geschaffen werden, wenn das Wachstum anhält.“ Dat hu mer jo elo grad och héieren. „Vielleicht werden das Züge sein, vielleicht Train-Trams, vielleicht andere Fahrzeuge. Verkehrsplaner wissen, dass von Nutzern des öffentlichen Transports Schienenlösungen per se um 30% bis 40% attraktiver aufgefasst werden als ein Bus. Die Infrastruktur der Tram lasse sich auf jeden Fall auch für Train-Trams verwenden, teilt Luxtram auf Land-Anfrage mit.“

An da war e groussen Encadré an der Zeitung ze gesinn, ech liesen deen och vir: „Die Infrastruktur für die Tram könnte auch für Train-Tram-Züge verwendet werden - falls diese Idee aufkommen sollte.“

A wann een da weider iwwerleet an drun denkt, dass op der Stater Gare no der Demolitioun vum den CFL-Ateliere Plaz gemaach gëtt fir e fénneften an e sechste Quai, dat heescht fir véier Gleiser, an dass den Train-Tram och vum do aus direkt op Hamm kéint fuere iwwert deen zweeten neie Viaduc an iwwert déi zweegleiesch Streck, déi gebaut ginn ass a Richtung Sandweiler - well ech wëll drun erënneren, dofir sinn déi gebaut ginn -, da kéint ee sech do virstellen, dass bei dem zounemende Wuesstum et an der Mobilitéitsfro och kéint interessant sinn, un déi Léisungen nach eng kéier erunzegoen, well net jiddweree wëllt vläicht e Sightseeing duerch d'Stad maachen, wann en op de Findel, wou vill Aarbechtsplaze kommen, respektiv op de Kierchbiereg kënnt.

Wann dat elo net ze vill gëtt, da géif ech lech och nach virschloen, mech virtuell an de Süde vum Land ze begleeten, wou mer eng Léisung mat engem Bus à haut niveau de service, BHNS ofgekierzt, studieren, wéi mer dat d'lescht Woch hei an der Chamber jo decidéiert hunn.

Do wëllt ech awer drun erënneren, dass et aktuell méiglech ass - ech wëll doru just erënneren -, mam Zuch - a vläicht och eemol mat Train-Tram - elo schonn direkt an ouni ëmzeklamme vum Diddeleng op Esch an op Belval-Uni a weider op Péiteng, Rodange ze fuere, dat duerch dee sougenannte Beetebuurger Dräieck, wou soss fréier ëmmer d'Gidderzich gefuer sinn aus Frankräich Richtung Schmelz. A genausou ass et haut scho méiglech, vu Rémeleng, Téiteng a Käl op Esch, Belval-Uni ze fuere duerch de Schëfflenger Dräieck, och vu fréier, wéi de Minerai vu Rémeleng op d'Schmelz gefouert ginn ass. Dat kéint een dann eventuell e Südtram nennen, ouni natierlech ganz kloer de BHNS, dee Bus à haut niveau de service, a Fro ze stellen.

A wann ech mer dann nach dierft erlaben, lech virtuell matzehuelen an den Norden, wou et net onméiglech wär, sech virzustellen, dass op der aktueller Eisebunnstreck vum Ettelbréck op Dikrech - wou 1997 - 1997! - scho während

engem Weekend en Train-Tram gefuer ass als Demonstratioun, do gouf d'Catenaire, dat ass de Stroumabnehmer, vu 25.000 Volt Wiesselstrom op 750 Volt Gläichstrom ëmgeklemmt - en Train-Tram géif fuere.

An da kéint ee sech jo emol vläicht virstellen, iwwert d'Dikrecher Gare ewech vum Ettelbréck virunzufuere bis bei déi nei Ackerbauschoul zu Gilsdref. Wéi gesot, et wär vläicht derwäert, sech dat emol eng kéier ze iwwerleeën.

Mä ech mengen, dat do géif alles vläicht haut ze wäit féieren.

(Brouhaha)

Jo, haut! Haut féiert dat ze wäit.

Mä déi Mobilitéitsfro hei am Land, déi hu mer nach laang net geléist. A mir sollten eis alleguerten zesumme keng Denkverbueter operleeën an och kee lästegt - wéi den Här Marc Lies elo virdru gesot huet - Parteieplänkels méi leeschten, wéi mer dat déi lescht 25 Joer gemaach hunn, well d'Mobilitéitsfro hei am Land ass nach laang net geléist.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Nächste Riedner ass den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Här President, Merci fir d'Wuert. Wie war net schonn zu Wien oder zu Montpellier?

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Ech war a leschter Zäit e bësse méi oft do, well eng Duechter do studéiert huet. Awer déi Stied hunn eppes gemeinsam. Et kann een awer och do nach Basel derbäi nennen, et kann een Zürich derbäi nennen, et kann ee Kopenhagen an nach aner Stied nennen.

(Brouhaha)

Wann een de Ranking vum deene Stied am internationale Verglach kuckt, da leien déi Stied all wäit vir. Firwat leie se vir? Well d'Liewensqualitéit an deene Stied extrem héich ass. A firwat ass hir Liewensqualitéit esou héich? Well an all deene Stied an deene leschte Jorzingen en neit, performant Verkéiersmëttel do erakomm ass, nämlech zum gréissten Deel en Tram. Net nëmmen en Tram. Ech kommen dorop zrëck.

An all deene Stied, wou ee gär higeet als Tourist, ass eppes awer och wichteg: Et ass net nëmmen e Verkéiersmëttel, dat ee benotzt, et sinn der méi. Et ass ze Fouss goen, et ass de Vëlo, et ass en Tram, et ass en Zuch, et ass e Bus, et ass awer och den Auto. Et ass den Auto, deen ee brauch, fir op e Pôle d'échange ze kommen, e Pôle d'échange, deen een op enger Plaz fënnt, wou een zäitlech mat enger gudder Ukënnegung vum engem Trafic op en anert Verkéiersmëttel eriwuergeet (veuillez lire: wou een zäitlech mat enger gudder Ubannung vum engem Verkéiersmëttel op en anert eriwuergeet).

Den Tram an enger Stad mécht en anert Erscheinungsbild. En Tram mécht an enger Stad eng aner Liewensqualitéit. Gitt duerch déi Stied, wou een higeet, wou ee sech als Tourist gären ophält! Well, wat geschitt? De Kaméidi hält of, manner Loftproblemer, Loftqualitätsproblemer. An d'Etüde weisen et jo, wann den Tram bis op d'Gare fiert, kommen eng Abberzuel - ech hunn d'Zuelen net méi ganz am Kapp, ech mengen et sinn 2.000, iwwer 2.000 - Busfaarten op der Hauptstreck dann ewech. Et gëtt manner Kaméidi an ech denken, d'Erscheinungsbild ass e ganz anert.

An ech zitieren gären d'Stater Buergermeeschtesch,...

► **Une voix.**- Ah!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- ...déi de Sonndeg...

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- ...déi de Sonndeg bei der Ouverture oder der Aweigung vum Tram am neien Tramsschapp gesot huet: „E schéinen Tram...“

(Interruption)

„E schéinen Tram fir eng schéi Stad.“ An ech denken,...

(Brouhaha)

...deen Zesummenhang weist, dass, wa mer zesummen an déi Richtung ginn, mer op dem richtige Wee ginn.

An den Tram ass och e siichtbart Zeeche vum enger Modernitéit. An ech denken, dass mer do endlech op dem richtige Wee sinn.

Knapps gouf en also de Sonndeg ageweit, sti mer haut schonn erëm hei, eng nächst Extensiou vum der Tramslinn ze stëmmen, obscho mer nach net de ganzen Tramstrajet, wéi mer en elo geplangt hunn, ëmgesat hunn.

Ech wëll awer fir d'Éischt och dem Minister Bausch Merci soe fir säin Engagement, seng Konsequenz, seng Ausdauer an Zilstrebekeet, dat ëmzesetzen, fir deem esou séier wéi méiglech och entgéintzegoen.

An et ass virdru gesot ginn, dass och déi viregt Ministeren hiren Undeel drun haten, fir dass mer op dee Punkt kommen. An dofir erlaabt mer, an dat konnt d'Rapportrice net selwer maachen, ech wëll hir awer en extra Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi mer dëst Joer net nëmme fir dese Projet haten, mä iwwert dat ganz Joer, wa mer gëschter am Budget gesot hunn: „Mir hunn e Paradigmewiessel“, an dass ganz vill Projeten, ganz vill Investitiounen iwwert den MDDI ginn, dann ass et ganz luewenswäert, wivill Aarbecht hannendrustécht, fir vill Rapporten hei kënnen ze presentieren. Dofir vum der ganzer grénger Fraktioun en décke Merci...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- ...fir déi gutt Fläissaarbecht iwwert déi ganz Zäit.

Ech hu gesot, den Tram ass a ville Stied, wou en haut fiert, wou en erëm nei entdeckt ginn ass, d'Réckgrat. D'Réckgrat léist awer net alles. An dat huet de Minister Bausch och viru Kuerzem an engem Interview gesot. Et kann net alles léisen. Déi éischt dräi Pôle-d'échange sinn e Sonndeg jo och an engems ageweit ginn: Et ass den Houwald genannt ginn, et ass ënnen elo de Pafendall mat dem Funiculaire respektiv hanne bei der Luxexpo jo och den drëtten Pôle d'échange gemaach.

An et ass dat, wat déi nei Mobilitéit vu muer wäert ausmaachen. Wa mer gewinnt sinn, haut vum engem Punkt A op de B mat mengem Bus ze fuere an och do erauszekommen, da wäert dat muer changéieren. Muer musse mer eis dru gewinnen, op en anere Moyer ëmzesteigen.

A wann do, wéi et ugekënnegt ass... An dat gesäit een elo um Kierchbiereg, wou déi nei Schëlder... D'Stad Lëtzebuerg huet dat jo och scho bei hire Busser, wann d'Faarten ugekënnegt ginn: „Ech brauch nach zwou Minutten ze waarden oder eng Minutt souguer, an da kënnt dat nächst Transportmëttel, wat eis weiderbréngt.“

An ech denken, dass dat schonn d'Ursprongsiddi vum MoDu war, wéi en deemools presentéiert ginn ass. Mir waren och fervent Befürworter vum deem Prinzip, nämlech vum där Mobilité durable fir muer, fir verschidde Mobilitéetsketten opzebauen, fir esou séier wéi méiglech vum A op B kënne weiderzegoen.

Duerch déi Extensiou elo vum Findel bis op d'Cloche d'Or, praktesch bis deen neie Fussballsterrain, wann en da bis gebaut ass, ginn déi Hauptpölen dann elo matenee verbonnen. An awer duerch d'Extensiou, dass mer och gläichzäiteg Pöle-d'échange maachen, wéi den Héienhaff, komme sämtlech Verkéiersmëttelen, déi aus dem Oste kommen, praktesch op en Echange, a si gi weider an d'Land verdeelt.

An de MoDu seet jo net nëmmen, dass déi Verdeelung an der Stad gemaach gëtt. Déi fänkt scho vill éischter un. Déi huet zum Beispill och bei der Linn, wann ech den direkte Bus vu Réimech an d'Stad huelen, e Pôle d'échange zu Mutfert. Dat heescht, wann ech muer wëll op d'Cloche d'Or fuere, fuere ech net op den Héienhaff, mä ech klammern zu Mutfort erëm op en anere Bus, dee mech dann direkt op d'Cloche d'Or féiert an dee mech da vläicht op Gaasperech oder an den noen Émberäich vum der Stad erabrëngt.

Et geet drëms, dass mer wéi e Spannennetz op Lëtzebuerg leeën, wou mer déi eenzel Moyens de communication, Mobilitéetskommunikatiounen, matenee verbannen. An et ass dat, wat mer och an der Vakanz maachen, wat mer de Leit musse vermittelen, am Alldag ze maachen.

A wa mer dat bis verstanen hunn, wa mer dat kënnen ëmsetzen, wa mer d'Leit do kënnen mathuelen, dann, mengen ech, ass dat heiten e Succès. Da wäerte mer och déi Problemer, déi mer nach ëmmer am Autosverkier hunn... Dann ass de Choix éischter gemaach. D'Qualitéit muss stëmmen. An dofir, all déi Hären, déi dann douewen sëtzen, garantéieren, dass an der Zukunft d'Qualitéit muss an de Vierdergrond gestallt ginn. An et ass dat, wat dat Wichtigst ass.

En anere Punkt wollt ech awer och nach soen: Mir müssen de Quellverkier - esou gëtt dat ëmmer an der Literatur genannt - esou fréi wéi méiglech opfänken. De Quellverkier ass do, wou en am éischten ufänkt. Dat ass do praktesch virun denger Hausdier. A wa mer de Quellverkier vum eise Frontaliere fréi genuch



opfänken, net nëmmen op der Grenz, wat jo elo scho geplangt gëtt mat deene Park & Ride, mä iwwert d'Grenz eraus...

An dofir gi mir jo op Arel. Mir ginn a Richtung Thionville. Mir ginn a Richtung vu Pärle op der anerer Säit vu Réimech a Schengen. Do si mer amgaang an der Héicht vu Maacher. Ech weess, dass de Buergermeeschter vu Maacher och amgaang ass mat den Nopeschgemengen. A wa mer iwwert d'Grenzen eraus ginn, et ass do, wou déi meescht kënnen opgefaang ginn. A wa mer déi op e performante System eriwuerbréngen, dann, mengen ech, hu mer et gepackt. Dann, mengen ech, kéinte mer och domadder weidergoen.

A bei deenen Etüden, déi elo an der Preparatioun sinn, mat deenen Zuelen, déi de Minister eis an der Kommissioun gewisen huet, ass nach e Stéck ze maachen. Mir wollte bis 2020 mat dem éischte MoDu op en Modal Split kommen - wann ech dat elo nach richtig hei gesinn -: 25% Vëlo an ze Fouss goen; 56% Auto; an 19% ëffentlechen Transport. A wann ech haut kucken, si mer beim Fouss a Vëlo bei 14%, beim Auto nach ëmmer bei 69%, a beim ëffentlechen Transport bei 17%.

Dat heescht, mir si schonn um gudde Wee. Et bleift awer nach e gutt Stéck ze maachen. An dofir freeë mer eis op déi Zuelen, op déi Debatten, déi mer d'nächst Joer hei wäerten hunn, sief et iwwert de Wuesstum am Allgemengen, d'Entwécklung vum Lëtzebuurger Land. Mir freeën eis och op d'Debatt, wa mer déi am Abrëll hunn, iwwert de MoDu 2.0, dee fir 2020 virgesinn ass.

An dann, denken ech, esou wéi meng Virriedner dat och scho gesot hunn, dass mer déi Debatt no 25 Joer am Konsens elo kënnen ugoen, well mir brauchen hei jiddwereen am Boot: d'Gemengen am Boot, de Stat am Boot a schlussendlech eis Leit, eis Bevëlkerung an doriwuer eraus, iwwert d'Grenzen eraus, all déi Leit, déi op Lëtzebuerg schaffe kommen, dass mer déi mat an d'Boot, mat an den Tram kréien. An dofir kënnen mir als Gréng nëmmen der Extensioun no riets an no lénks vun dëser neier Tramsbunn zoustëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Exzellent!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Kox. Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no 53 Joer ass jo endlech erëm de leschte Sonndeg den Tram duerch eis schéi Stad gefuer. Dat war ouni Zweifel en aussergewöhnleche Moment. Et kann een och vun engem histoireschen Moment schwätzen, well, wéi virdrun hei scho richtig bemierkt ginn ass: Eng modern Stad verkierpert sech haut virun allem awer och duerch ebe modern Transportmëttelen. An zu engem modernen Transportmëttel gehéiert jo ouni Zweifel och en Tram.

Et muss een elo scho feststellen, dass déi éischt Phas hei gutt, ech géif scho bal soen, ganz gutt realiséiert ginn ass; an enger Rekordzäit, kann ee soen. A wann een déi Infrastrukturen de Moment do analyséiert, wann een déi éischt Ramme gesäit, da kann ee méi wéi zefridde sinn. E flotten Tram, deen d'Stadbild och ouni Zweifel wäert verschéineren.

Vum technesche Standpunkt hier ass et och ouni Zweifel gutt, dass zwou Fuorkabinen an deenen eenzelne Ramme sinn. Wat jo och mat sech bréngt, dass Zäit gewonnen gëtt. 450 Leit kënnen transportéiert ginn. An e ka jo bis zu 70 km, dat zwar nëmmen op enger begrenzter Streck, fueren, mä elo kann ee scho vun engem gewëssene Succès vun dem Tram schwätzen.

Sécher ass déi Streck, déi de Moment fonctionnéiert, nach relativ kuerz. Den direkten Impakt op de Verkéier an der Stad Lëtzebuerg kann een nach net ofschätzen. Dofir ass et wichteg, dass mer haut zwou weider Extensiounen hei wäerten decidéieren, déi awer dann, wa se bis definitiv fäerdeggestallt sinn, beweisen, dass de Verkéier an der Stad Lëtzebuerg vill besser an de Grëff geholl gëtt.

De Moment gi jo - an d'Madamm Buergermeeschtesch muss mech berichtegen, wann ech eppes Falsches hei soen - 37 Milliounen Passagéier d'Joer mat de Bussen transportéiert. Dat ass eng enorm Zuel. 1991 waren dat nëmme 15 Milliounen. Do gesäit een also schonn, wat fir eng Progressioun do och am Transport vun de Passagéier um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg virkomm ass. Et huet also

mussen op deem Gebitt ouni Zweifel eppes geschéien.

Déi rasant Entwécklung kenne mer alleguer. Mir kennen och d'Ursaachen. Op déi brauch een net weider hei anzegoen. An ech beruffe mech dann elo op eng Ausso, déi de Minister an engem Artikel vum „Lëtzebuurger Wort“ där Deeg gemaach huet, dass 2.200 Bussen u sech elo ersat ginn duerch d'Inbetriebnahm vum Tram.

Datt mer haut hei stinn, dass mer haut kënnen déi zweet Extensioun stëmmen, ass engersäits natierlech och de Verdéngscht vun enger viregter Regierung, besonnesch och vun dëser Regierung, awer och der Ennerstëtzung vun der Stad Lëtzebuerg, well och ouni d'Ennerstëtzung vun deene Responsabelen aus deene responsabele Schäfferéit wieren all déi Realisatiounen net méiglech gewiescht.

Den Tracé virun allem op d'Cloche d'Or ass ganz wesentlech. Hei gëtt dann den Zentralpunkt virun allem och d'Gare. Mir wëssen och, dass vun der Gare aus ganz vill Trafic wäert weidergoen op de Ban de Gasperich. De Ban de Gasperich, deen de Mëtte schonn e puermol hei an der Diskussioun war.

Och do gesäit een eng immens Dynamik sech entwéckelen. Dat gesäit ee schonn un der Zuel vun de Kranen, am Fong geholl, kann ee scho bal soen, eng Explosioun vu wirtschaftlecher Dynamik, wou dann awer och nach schoulesch Infrastrukturen hikommen. An et ass evident, dass hei muss ganz kloer e Konzept entworfen ginn: Wéi kënnen mer déi vill Leit do all Dag dohinner drainéieren? An dann därefer mer jo och net vergiessen, dass och nach en neie Fussballstadion do gebaut gëtt. Et ass also héich Zäit ginn, dass hei e Konzept entworfen ginn ass, wéi den ëffentlechen Transport kann do verbessert ginn.

Et ass och evident, dass laanscht d'Piste vun dem Tram nach Vëlospiste kënnen amenagéiert ginn. Och dat, mengen ech, ass e wesentlecht Element vun der Mobilité douce. An dowéinst begrëisse mer, dass dat och do, wou et méiglech ass, elo direkt geschitt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Fluchhafen huet ouni Zweifel och eng rasant Entwécklung an deene leschte Joren hanner sech. Ech erënnere mech nach drun, wéi den Terminal B 2004 opgemaach gouf, dann awer erëm zougemaach ginn ass, an elo erëm op ass. Bon, doriwuer kann een och munch Kommentarer maachen. Dat maache mer awer elo haut net. A wann een awer gesäit, wéi d'Zuel vun de Passagéier sech do entwéckelt huet: Déi louch zum Beispill 1990 bei 1.072.264. 2015 waren dat der schonn 2.687.566. An d'Tendenz ass steigend.

Datt also de Findel och endlech un e modernt Transportmëttel ugeboun gëtt, ass méi wéi evident. Sécher hu mer de Moment relativ gutt Busverbindungen, mä dat geet net duer. Mir hunn och Taxien. Mir brauchen en Tram, esou wéi dat och bei all modernem Fluchhafen op der Welt de Fall ass.

Da muss ee jo nach eng Kéier drun erënnern: Mir hate schonn eng Kéier e Gesetz hei gestëmmt, dat war am Joer 2002, wou jo ursprénglech virgesi war, fir en Zuch un de Fluchhafen unzebannen. Sécher war dat och eng Iddi, déi deemools gutt geduecht war. Haut si mer natierlech frou, dass se net realiséiert ginn ass.

Et kéint natierlech dann och derbäi, bedéngt eben elo doduerch, dass herno de Fluchhafen mam Tram vun der Gare aus kann ugefuer ginn, dass souguer doduerch vläicht méi Eenheemescher net méi mam Auto op de Fluchhafen fueren, mä da mam Zuch op d'Gare, a vun do aus den Tram fir op de Fluchhafen huelen.

Hannert dem Centre de remisage ass jo dann och elo eng 100 m laang Bréck a Richtung Findel geplangt. An ech fannen et och do interessant, dass awer och versicht ginn ass, well jo do vill Bëton entsteet, der Asthetik do eng gewësse Rechnung ze droen an deem Sënn, dass och versicht gëtt, déi Brécken do méi flott ze gestalten. An och dat si wesentlech Elementer, wann ee wëllt, wéi gesot, eng flott a lieweg Stad amenagéieren.

Als Tëschestopp op de Findel ass jo dann och den Héienhaff virgesinn, wou jo e Pôle d'échange entsteet, e wichtige Pôle d'échange, wou jo och 4.000 Plaze fir d'Autoe reservéiert ginn. Dat bréngt dat mat sech, dass besonnesch déi Leit, déi aus dem Norde kommen, déi Leit, déi aus dem Oste kommen, net méi müssen direkt mam Auto an d'Stad fueren, mä do kënnen ëmklammen a sech dann op vill méi eng komfortabel Manéier bis an den Zentrum vun der Stad respektiv souguer spéider bis op d'Cloche d'Or kënnen bewegen.

Pro Stonn solle jo, wéi gesot, dann 10.000 Passagéier vum Findel op d'Cloche d'Or transpor-

téiert ginn. Dat packe selbstverständlech d'Bus-sen haut net. An dann därefer ee jo och net vergiessen, dass den Tram u sech jo awer méi flexibel ass. Dat, wat munchmol vergiess gëtt: Mä en huet en eegene Couloir. En ass net duerch Stau behënnert. An dat mécht natierlech och ganz vill aus.

Wann ee jo bedenkt, dass, wéi gesot, 420 Leit kënnen transportéiert ginn, dass am Duerchschnitt an engem Auto 1,1 Persounen sëtzt, da kann ee ganz séier ausrechnen, wivill Autoen mander den Dag an der Stad dat u sech kann ausmaachen.

Ech mengen, ee wesentlechen Aspekt, deen ech awer och nach wëll hei ervisträichen, dat ass d'Accessibilitéit. Et ass wichteg, dass och do un déi Leit geduecht gëtt, déi mander gutt mobil sinn, dass och, wéi gesot, mat der Gesellschaft ADAPTH Kontakt opgeholl ginn ass, fir eben och deene Leit, déi esou e Problem hunn, kënnen d'Accessibilitéit méi einfach ze maachen.

Et ass gëschter eng Motioun hei virgeluecht ginn, fir den ëffentlechen Transport gratis ze maachen. Mir als Demokratesch Partei sinn do awer vill méi staark reservéiert. Ech wëll awer drop hiweisen, dass d'Präisser awer duerch d'Bank hei zu Lëtzebuerg fir den ëffentlechen Transport sozial sinn. Et brauch een nëmmen drun ze erënnern, dass ee fir zwee Euro kann zwou Stonnen duerch d'ganz Land fueren, inklusiv, wéi gesot, den Tram. Eng Joreskaart kascht 440 Euro. Wann een da méi wéi 60 Joer al ass, kascht se jo och nëmmen 100 Euro. Also, och do muss een awer hei ënnersträichen, dass, ech mengen, dat scho sozial Elementer sinn, déi an der Präisgestaltung matintegriert goufen.

An da wëll ech och déi gutt Iddi hei ënnersträichen, dass den Tram jo bis Enn Januar elo emol gratis ass, fir eben d'Loscht op den Tram nach méi grouss ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass evident, wann esou Tracé gemaach ginn, besonnesch deen a Richtung Findel, dass dat natierlech och e gewëssenen Agréff an d'Natur bedeit. Dat hu mer scho gemierkt beim Centre de remisage, wou leider hu müssen eng Rei Beem dru gleewen. Deen aarme Gréngewald, dee jo schonn eng Kéier Blessuré krut, wéi d'Nordstrooss gebaut ginn ass. Op där anerer Säit ass eng elementar Verflichtung vun der Politik, fir dann awer och fir Kompensatiounen ze suergen. An duerfir muss och e Maximum un Naturschutzmoossname gemaach ginn. An et geet jo och ganz kloer aus dem Projet de loi eraus, dass dat och esou virgesinn ass.

Et ass ee Punkt, an deen ass hei virdrun och scho vun deem engem oder deem anere mentionnéiert ginn, dass ass dee vun dem Opstelle vun de Kameraen op den neuralgesche Punkten, fir eben do d'Sécherheet besser kënnen ze iwwerwaachen.

Och mir als Demokratesch Partei si jo vläicht besonnesch derfir bekannt, net onbedéngt Befirworter ze sinn, fir iwwerall Kameraen opzestellen an dass all Handgrëff vun de Mënsche soll iwwerwaacht ginn, mä och hei muss een awer vläicht mander puristesche denken a méi rational an och, géif ech soen, méi sécherheetsbezunn. An duerfir bedauere mer och déi Decisioun vun der Nationaler Datschutzkommissioun, fir, wéi gesot, op deene Punkte keng Kamerae virzugesinn.

Dat ass net onbedéngt féerderlech fir de Sécherheetsaspekt. Mir hoffen, dass do awer vläicht dann nach kann en Emdenke kommen, well et därefer ee jo awer net vergiessen, dass et am Ausland Gang und Gäbe ass, dass op deene méi geféierleche Punkte jo awer Kameraen installéiert ginn. Dat wier ouni Zweifel awer och am Sënn vun enger allgemenger Sécherheet. An et wier u sech net eng Anengung vun der Privatsphäre.

Wa mer scho beim Volet Sécherheet sinn: Natierlech muss och de Foussgänger, den Autofuerer sech lues a lues méi un d'Präsenz vum Tram gewinnen. E muss wëssen, dass den Tram eng Prioritéit huet. Mä, ech mengen, och do ass dat eng Affär vun enger gewëssener Ulaßzäit. Dann dierft dat och e vill mander grouss Problem duerstellen.

D'Organisatioun vun deenen zwee Chantieri wäert natierlech zu enger Rei vu Perturbatiounen, besonnesch am Verkéier, féieren. Ech weess, dass och - an zu Recht! - d'Geschäftswelt an der Zäit emol sech Suerge gemaach huet, wann Tracéen amenagéiert goufen. Dass dat natierlech och den Accès zu verschiddene Commercé beanträchtegt, ass gewosst. Och hei muss een also, wéi gesot gouf, esou vill wéi méiglech mat der Geschäftswelt zesummenkommen, fir dann och eben déi bescht-méiglech Léisungen ze fannen.

Wann een hei iwwert déi zwee Projeten diskutéiert, dann ass et evident, dass ee sech och Gedanken mécht: Wéi soll den Tram vu muer

ausgesinn? Wat fir eng Extensioun sollen nach virgeholl ginn? Ech denken do zum Beispill, wat den Niveau vun der Stad ubelaangt, un eng Extensioun a Richtung Hollerech-Zéisseng. Dass ass fir eis och e ganz wichtegt Element.

Da sinn och scho Stëmmen aus anere Gemengen, déi sech hei bemierkbar maachen, déi och wëllen eng Ubannung un den Tram hunn. Dass ass legitim. Dass ass berechtigt. Dass soll och sachlech iwwerluecht ginn, a gekuckt ginn: Wou kënnen mer nach gewëssen zousätzlech Linnen amenagéieren? Ech denken hei u Gemenge wéi Leideleng, Bartreng, Stroossen oder Mamer.

Et gëtt och nach aner Gemengen, déi Iddien hunn. Ech wëll dat awer elo net nach verdéiwen, well mäi Kolleg Gilles Baum wäert och nach hei Positioun bezéien, well och hien eng Virstellung huet, wéi den Tram vu muer nach kéint op anere Plazen ausgesinn.

(**Interruption**)

Jiddefalls, den Tram huet eng Neigebuert elo erlieft oder ass amgaang, se ze erlieden. Ech mengen, de leschte Sonndeg war en éischte wichtige Schrëtt do ënnerholl ginn. Mir sinn duerfir och der Meinung, dass déi zwou Extensiounen, déi mer haut stëmmen, wesentlech sinn. Doduerch entsteet méi e Ganzt. An et ass och wichteg, dass mer e kohärent Schinnen-netz kréien. Dass, wat de Moment ass, ass flott, mä dass geet nach laang net duer. Wann, wéi gesot, déi zwou Extensiounen virgeholl sinn, dann huet den Tram ouni Zweifel un zousätzlecher Attraktivitéit gewonnen.

Natierlech därefer een awer och do, genau wéi bei dem Ausbau vun der A3, net ze vill naiv sinn an net mengen, mir hätten dann all Problem geléist. Och an Zukunft wäerte mer eis nach mussen mat anere Problemer do ofginn, wat den Trafic, net nëmmen an der Stad, mä och ronderëm d'Stad ubelaangt. Nach gëtt ze vill oft den Auto geholl.

An déi Etüd luxmobil - esou heescht se jo, Här Minister? -, déi Der eis elo kierzlech an der Kommissioun a graffen Zich virgestallt hat, huet jo och ganz kloer bewisen, dass den Auto nach fir ganz vill Deplacementer genotzt gëtt, wat net onbedéngt misst de Fall sinn. Wat jo besonnesch frappant ass, ass, dass jo ganz vill Studente mengen, si misste sech och mam Auto an hir Schoul deplacéieren. Och do muss ee sech awer vläicht emol eng Kéier méi Gedanke maachen, wéi mer kënnen hëllefen, d'Mentalitéit bei Verschiddenen do awer ze änneren.

An deem Sënn, wéi gesot, ginn ech awer elo schonn och den Accord vun der Demokratescher Partei. Mir si frou, dass mer haut déi zwou Extensiounen hei stëmmen a freeën eis drop, dass déi Aarbechten esou schnell wéi méiglech kënnen realiséiert ginn. Dass ass am Interêt vun enger besserer Verkéiersorganisatioun, virun allem um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. D'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President. Jo, mir als ADR waren, mir sinn och nach ëmmer a mir bleiwen och haut nach géint déi falsch Léisung vun engem richtige Problem.

Mä d'Leit, déi an d'Stad wëlle schaffen oder akafe kommen, vun esou wäit wéi nëmme méiglech ofzehuelen, dass fannen och mir nach ëmmer richtig. De Knackpunkt ass a bleift an der Stad selwer. Eis Alstad ass an eisen Ae fir den Tram einfach net gemaach.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Roy Reding** (ADR).- Ze enk sinn d'Stroossen, ze grouss d'Nuisancen, déi de Chantier den Awunner bréngt, de Geschäftsleit bréngt, ze grouss de Stau, dee wäert op neuralgesche Punkten, wéi zum Beispill der Place de l'Étoile, entstoen an eisen Aen, ze grausam och d'Verschampléierung um Glacis an esou weider. J'en passe et des meilleurs.

Duerfir ware sinn a bleiwe mir Verfechter vun enger ënnerierdescher Léisung. Mir hunn déi Léisung „City Tunnel“ genannt, et kann ee se och „Metro“ nennen. Den Ennerscheid ass just, dass dat mir am City Tunnel mat besteeenden Zich oder mengetwege mam Tram ënnert der Stad erduerch gefuer wieren, ouni dass muss ëmgeklomme ginn.

Aus allen Himmelsrichtungen wieren déi Zich, oder eben den Tram... Ech hunn dem Här Negri seng Ausféierungen zu den technesche Virdeeler vun engem anere Genre Zuch héieren. Déi kommen aus allen Himmelsrichtungen, mä fuere virun der Stad an ënnerierdeschen Tunneln. An do kënnen d'Leit dann ënnerierdesch op deene Statiounen erausklammen,



wou se schaffen oder wou se wëllen hikommen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Roy Reding** (ADR).- En fait maacht Dir haut deelweis genau datselwecht: Schinnen, déi vu wäit - hei gëtt da vu Findel an Houwald a Cloche d'Or geschwat, an den Här Negri huet der scho vu méi wäit ugekënnegt, an en huet recht, der Uni Esch a firwat net der Grenz - bis an d'Stad kommen. Eng gutt Léisung! Den absolutten Ënnerscheed bleift awer, datt mir déi Schinne bannent der Stad ënnerierdesch geluecht hätten. Dat war, ass a bleift technesch machbar, net méi deier, an déi eenzeg richteg Léisung.

D'Extensionsiounen, iwwert déi Der elo hei diskutéiert, retten also vläicht eng falsch Léisung, mä et bleift an eisen Aen, zumindest fir d'Stad als solch, eng falsch Léisung.

Ech hunn dann nach eng speziell Fro an eng Motioun.

Meng speziell Fro un den Här Minister ass: Stëmmt et, datt eng Ofzweigung vun der Tramslinn um Kierchbierg geplangt ass? Um Boulevard Adenauer vis-à-vis vun der Europaschoul, do soll jo en autofräie PAP, genannt „Laangfur“, entstoen an och en zousätzleche Lycée. Ech hu mer soe gelooss: Wann een esou eng Linn géif dohinner zéien, da misst eng Ëmweltschutzzon, déi als Zone nationale klasséiert ass, do derduerchfueren. Wéi stitt Dir dozou? Stëmmt et, datt Der dozou positiv stitt?

An ech mengen, mir wëssen, datt déi Zone-nationalen haut Zone sinn, wou ee souguer fir e Picknick eng Autorisatioun vum Minister brauch. Et wier also interessant, dat dote gewuer ze ginn.

Da wëll ech och nach eng Motioun ofginn, well mer jo grad iwwert den Tram diskutéieren. An do geet et ëm LuxTram als solchen, dee jo zu 100% der Stad an dem Stat gehéiert, deen ausschliisslech um nationalen Territoire aktiv ass, wou awer fir d'Aarbechtsplaze Franséisch obligatoresch als Sprooch verlaangt gëtt.

(**Interruption**)

Jo, et ass esou.

Den Här Minister fir nohalteg Entwécklung huet an enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro vu mengem Kolleeg Fernand Kartheiser geäntwert, et wier aus Sécherheetsgrënn néideg, datt do Franséisch als operationell Sprooch géif agesat ginn. Ech froe mech dann, wéi et da bei de CFL ass, gellt, Här Negri, wou d'Leit jo international aktiv sinn, firwat datt do dann d'Lëtzebuergesch duergeet. Oder sinn do Sécherheetsbedenke bei de CFL? Ech denken net. Ech gleewen einfach där Äntwert vum Här Minister net.

An eiser Motioun hätte mer gären, datt mer d'Regierung opfuerderen, datt bei LuxTram déi Plazen, déi an Zukunft ausgeschriwwen ginn, obligatoresch d'Lëtzeburger Sprooch verlaangen an datt déi Leit, déi haut scho bei LuxTram agestellt sinn, besonnesch déi, déi am Kontakt si mat den Usageren, esou séier wéi méiglech Lëtzebuergesch léieren.

A schlussendlech, well de Fernand mech op déi gutt Iddi bruecht huet, den Här Kartheiser, hu mer dann och nach als drëtt Opfuerderung drugehaangen, datt solle Leit, déi fräiwëlleg an eiser Arméi waren, beim Rekrutement bevirdeelegt ginn.

Ech soen lech Merci.

Motion 1

D'Chamber stellt fest,

- datt LuxTram zu 100% a Lëtzeburger ëffentlecher Hand an ausschliisslech op engem klengen Deel vum nationalen Territoire aktiv ass;

- datt LuxTram fir Aarbechtsplaze Franséisch obligatoresch verlaangt, iwwerdeems Lëtzebuergesch an Däitsch nëmmen als Virdeel ugesi ginn;

- datt d'Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 de Gebrauch vun eiser Nationalsprooch Lëtzebuergesch a vun eisen Amtssproochen regelt;

- datt den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen a senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°2795 dëst Bevirdeelege vum Franséischen als „operationell Sprooch“ mat Sécherheetsgrënn erklärt;

- datt d'Lëtzeburger Eisebunn, obwuel si och international aktiv ass, an hire Berufsfuerderunge Lëtzebuergesch verlaangt,

fuerdert d'Regierung op, derfir ze suergen,

- datt LuxTram bei Plazen, déi an Zukunft ausgeschriwwen ginn, obligatoresch d'Lëtzeburger Sprooch verlaangt;

- datt, déi Leit, déi LuxTram agestellt huet, a besonnesch déi Leit am Kontakt mat de Passagéier, esou séier wéi méiglech Lëtzebuergesch léieren;

- datt LuxTram beim Rekrutement Fraiwëlleger aus der Arméi besonnesch berücksichtegt.

(s.) Roy Reding.

► **Une voix.**- Hie mellst sech vläicht.

(**Hilarité**)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Hutt Dir eppes do dergéint?

► **Une voix.**- Neen, ech hunn eigentlech näischt dergéint.

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den nächste Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Da kréie mer elo e Militärtram, wann een dat richteg versteet.

(**Hilarité**)

Ech wäert mech kuerzfaassen, well, ech mengen, den Historique ass haut vun alle Säiten eng Dose mol gemaach ginn. Ech mengen, mir wëssen elo Bescheed. Et ass u sech keng Diskussioun iwwert den Tram, et ass eng Extensioun vum Tram.

Ech maachen awer dann e mini Historique, well ech ka mech erënneren, déi éischt Parlamentswahlen, déi ech aktiv matgemaach hunn, dat war 1999. An do war eng Wahlparty an do huet eng deemoleg Beamtin aus dem Transportministère traureg dragekuckt a mir gesot: „Elo ass den Tram dout“, oder „de BTB“, sot si deemools. A si hat net onrecht, well dunst ass d'OP an d'Regierung erakomm a mir hunn immens vill Jore verluer. Ech wollt dat just nëmmen erëm eng Kéier zur Erënnerung bréngen, well wou ech den Här Gusty Graas héieren hu schwätzen, dunst hat ech bal den Androck, datt een der DP iergendeng Kéier och nach misst Merci soe fir den Tram. Dat ass net de Fall.

Mir begrëssen natierlech, datt... Déi Ausweidung wäerte mer natierlech matstëmmen. Et ass eng ganz spannend Saach. Mir hoffen och, datt et weider Entwécklung wäert ginn, wat den Tram ugeet, well dat bestëmmt och néideg ass.

Ee Saz wollt ech awer nach zu de Kamerae verléieren. Ech mengen, et geet jo haaptsächlech drëms, wann een iwwer Sécherheet schwätzt, datt een och Personal am Tram huet, also souwuel, datt een derfir suergt, datt eng mënschlech Präsenz do ass; net onbedéngt iwwer Securityagencen, déi net onbedéngt déi Leit hunn, déi dofir forméiert sinn, mä datt ee wierklech och mat Mënschen eng Präsenz hätt.

An et kéint jo an déi Richtung goe justement, datt een eng Gratuitéit - an da schwätzen ech och schonn eng Motioun un - am ëffentlechen Transport hätt. Mir wësse jo, datt mer elo e puer Deeg d'Gratuitéit wäerten am Tram hunn, fir e schmackhaft ze maachen. Ech mengen, souwisou, dovun ofgesinn, brauchen d'Leit déi Gratuitéit net, fir e schmackhaft ze maachen, well deen ass scho schmackhaft esou. Mä e gëtt et nach méi, an do huet den Här Graas recht, wann e gratis ass. Dat wier och de Fall beim Bus, dat wier och de Fall beim Zuch. An dat muss een net onbedéngt op eng Woch limitéieren. Et kéint een dat permanent schmackhaft maachen.

An da kéint een och dat Personal, wat normalerweis misst do sinn, fir d'Ticketen ze kontrolléieren... Dobäi muss ech soen: Als Stater weess ech net, weini ech fir d'lescht an engem Bus kontrolléiert gi sinn. Et ass net schlëmm, mä bon, et ass egal. Datt een dat Personal awer och kéint benotzen, fir en anere Service un d'Usageren ze ginn. Dat wier eng interessant Saach. An do kéint ee sech vläicht och d'Fro vun de Kameraen erspueren.

Voilà! Mir wäerten déi zwee Projet-de-loien natierlech ënnerstëtzen. An ech ginn dovunner aus, datt mer d'Motioun herno huelen? Da brauch ech net...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Voilà! Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Dann d'Madamm Polfer. Ausser der Rei, oder? Well Dir sidd nach ageschriwwen.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Ausser der Rei.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ausser der Rei! D'Madamm Polfer ausser der Rei als Reaktioun.

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Ech probéieren awer, an der Rei ze schwätzen.

(**Hilarité**)

Neen! Ech fille mech awer elo wierklech genéidegt, ganz kuerz d'Wuert ze huelen. Ech weess net, Här Wagner, ob Der e Sonndeg do waart, wéi mer eben den Tram...

(**Interruption**)

► **M. Eugène Berger** (DP).- Aah!

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Voilà, dat gesäit een. Well soss hätt Der dat net kënne soen, wat Der elo gesot hutt. Ech mengen, souwuel den Här Minister huet et ganz kloer gesot, wéi ech selwer och: De BTB ass net 1999 gestuerwen duerch d'OP, mä de BTB ass vu sech selwer gestuerwen, well en net machbar war. A souwuel den Här Minister huet dat gesot...

2003 koum d'Etüd eraus, datt de BTB technesch net machbar wier. Dat hunn d'CFL gesot, an dat huet och de Bureau d'étude, dee selwer awer de BTB...

(**Interruption**)

Dach, dach, dach.

...dee selwer de BTB gemaach huet. Ech wëll elo den Numm net hei soen, mä dee Projet, dee 1994 sollt op d'Schinne gesat ginn, dat war den Zuch duerch d'Stad. Dat war net den Tram, esou wéi en eben elo ass. Dat war den Zuch-Tram, deen op deenen nämlechte Schinne sollt duerch d'Stad kommen, wéi en iwwert d'Schinne vu Beetebuerg sollt erakommen.

Effektiv, ech perséinlech, an ech hunn dat dee Moment e Sonndeg gesot, hunn dorun ni gleeft, hunn der Bunn...

(**Interruption**)

Jo. De Bus-Tram-Bunn!

An deen ass senges eegenen Doudes gestuerwen, well déi nämlechte Leit, déi deen op d'Schinne wollte setzen, hunn herno mussen alles nokucken an den Etüden, déi hu selwer musse soen, datt dat technesch net méiglech gewiescht wier.

Mä, wéi gesot, den Här Minister wäert jo nach Stellung huelen. Hien huet et e Sonndeg selwer och nach eng Kéier gesot. Do sinn also effektiv zéng Joer - zéng Joer! - verluer gaangen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann huet den Här Gilles Baum elo d'Wuert. Den Här Wilmes huet verzicht.

► **Une voix.**- Wéi dann?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Serge Wilmes huet verzicht.

► **M. Gilles Baum** (DP).- Très bien!

► **Une voix.**- Très bien!

(**Exclamations**)

► **M. Gilles Baum** (DP).- Très bien! Et ass gutt. Da sinn ech dee Leschte fir dëst Joer? Dat ass gutt.

Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, haut stëmme mer d'Extensioun vum Tram a Richtung Cloche d'Or an a Richtung Findel, Projeten, déi eng etlech Rei Joren no vir gezu ginn. An dat ass och gutt esou.

An dobaussen an der Diskussioun gëtt och scho geschwat iwwert d'Extensioun Richtung Stroossen, Bartreng, Mamer, Leideleng. An och dat ass gutt esou.

Wa mer wëllen de Verkéier aus der Stad eraushalen - an ech mengen, do si mer eis alleguer eens -, da musse mer de Verkéier virun der Stad opfänken. An do wäerte mer mussen an Zukunft kreativ ginn a mir wäerte vläicht mussen an Zukunft e bësse méi queesch denken, e bësse méi Querdenker spillen, fir der Situatioun Här ze ginn.

Ech hunn de Sonndeg d'Riede ganz interesséiert gelauschtert am Tramsschapp. An et ass vill dovun geschwat ginn, dass, wann een e Projet wëllt ugoen, ee muss eng Visioun hunn, dass ee muss dru gleewen, dass een haartnäckeg muss sinn a virun allem dass een och e laangen Otem muss hunn. Eppes feelt mer awer, an ech mengen, wann ee wëllt eppes realiséieren, da muss ee sech matzäite mellen an da muss ee matzäiten och de Fanger weisen.

Wann ech moies d'Neiegekeete lauschteren, esou wéi Dir och, Kolleeginnen a Kolleegen, dann héieren ech ëmmer nëmme vum Stau op der A1, op der A7, op der Escher, op der Diddelenger, mä komescherweis gëtt ni iwwert dat geschwat, wat sech op der lechternacher Streck ofspillt, op der N11, op der E42. An do ass regelméisseg an och all Dag, all Dag moies an owes Rückstau vun dräi bis véier Kilometer bis zur Opfaart erop op d'A7, déi dann zesummekënnt mat der Nordstrooss.

Wat fir eng Leit sinn dat, déi do moies am Stau stinn? Dat sinn eis däitsch Kolleegen, net déi mam TR-Zeechen, mä déi mam Bitburger Zeechen, déi do stinn. An et sinn haaptsächlech d'Awunner aus dem lechternacher Kanton, aus de Gemenge Bech, Beaufort, Bäerdref, Konsdref, Waldbëlleg, lechternach, Rouspert an natierlech och aus der Gemeng Jonglënster.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- De ganzen Osten!

► **M. Gilles Baum** (DP).- Neen, et ass net dee ganzen Osten. Et ass ee vun dräi Kantonen, Här Gibéryen, awer net déi mannst.

Wann d'Extensioun Richtung Findel 2021 ofgeschloss ass, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, da wär ech frou, wa sech am MDDI, am Ministère, zesumme mat alle Servicer sech géif Gedanke gemaach ginn, fir och e Pôle d'échange op de Waldhaff ze kréien. E Pôle d'échange fir Bus, fir Auto a fir Tram um Waldhaff, wéi gesot. Ech mengen, do misste mer terrainsméisseg keng Problemer hunn, well mir hunn do e ganz groussen Terrain leien. An alleguerten déi Leit aus deene Gemengen, déi ech elo opgezielt hunn, déi wäerten doudsécher net iwwert den Héienhaff fueren, fir an d'Stad ze kommen, well dat e risegen Ëmwee wär.

Ech weess, dass dat do net wäert haut a muer geschéien. Duerfir hunn ech lech jo virdu gesot, dass ee muss fir Projeten e laangen Otem hunn. An ech wär dann och frou, wa mer mat deem dote Projet fäerdeg wären, wa mer géifen d'Schinnen duerch déi drëtt Bunn am Gréngewald leeën, fir op Jonglënster ze kommen, fir an d'Gemeng Jonglënster mam Tram ze kommen. Duerfir, Här Minister, ech weess, dass dat do net fir haut a muer ass, mä an der Politik muss een, wann ee gären eppes hätt, de Fanger matzäite weisen.

Firwat d'Gemeng Jonglënster? Et ass net nëmmen déi gréisst, et ass net nëmmen déi, déi bei Wäitem déi meeschten Awunner huet, et ass net nëmmen déi Gemeng, déi och déi meeschten Aarbechtsplazen huet, et ass haaptsächlech eng CDA-Gemeng an et ass eng Gemeng, wou all Dag, haut schonn, 17.000 Autoen iwwert de Contournement fueren. An Dir sidd sécher, et wäerten där 17.000 Autoen net manner ginn.

Ech si mer ganz bewosst, dass mer dat doten net vun haut op muer kréien. Ech si mer ganz bewosst, dass mer alleguerten zesummen, fir esou e Projet ze realiséieren, laang Zäit brauchen. Méi wéi 10 Joer mat Sécherheet, vläicht 15. Mä ech kommen nach eng Kéier op dat zrëck, wat den Här Minister am Tramschapp gesot huet: „Wann een e Projet am Kapp huet, da muss een dru gleewen.“

An, Här Minister, ech gleewe ganz staark drun, dass mir zwee an 10 oder a 15 Joer vu Jonglënster mam Tram bis an d'Stad wäerte fueren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Ech wënschen lech et!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Si keng weider Wuertmeldungen? Den Här Negri? Jo, Dir hutt nach Riedezäit.

(**Brouhaha**)

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci, Här President. Ech hat a menger Ried ganz bewosst gesot, dass ech op déi 25-järeg Geschicht vum Tram net méi wëllt zrëckkommen. Mä ech wëll awer soen, dat hunn ech ganz bewosst gemaach, an ech hunn och ganz bewosst versicht, en Ausblëck ze ginn, wat ee ka maachen, virun allem a Richtung vun deem, wat sengerzäit de BTB oder den Train-Tram vun der Knoflacher-Etüd war. An ech muss soen, dass ech dat och ganz bewosst gemaach hunn, aus deem Grond, well dat einfach net richteg ass, well a kenger Etüd jeemools geplangt war, en Zuch duerch d'Stad ze bauen.

Dat ass einfach net richteg! Et war virgesinn, en Train-Tram ze bauen. An ech mengen, mer hu jo hei ee Kompromiss fonnt - dat ass de Sonndeg och gesot ginn -, 2005, 2006 konnte mer eis eenegen op en Tram léger, wéi dat heescht, deen immens flott ass a wou mer jo och net méi sollen doriwwer diskutéieren. Mä ech mengen, et soll een awer och bei der Saach bleiwen. Ech hu kee Problem dermat, dass keen Train-Tram duerch d'Stad fiert. Dat ass absolutt richtig! Mä dat war ni en Zuch. Ech wëll dat just nach eng Kéier ënnersträichen.

► **Une voix.**- Très juste!

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Dir hutt ganz recht, et war een Train-Tram.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Et war en Train-Tram geplangt duerch d'Stad Lëtzebuerg.

(**Interruption**)

Dat war just keen Zuch. An dofir mengen ech, hunn ech ganz bewosst nach eng Kéier déi Projeten opgezielt, wou ech mengen, dass et derwäert ass, fir dass een awer trotzdem beim Train-Tram net einfach mécht, wéi wann dat eppes wär, wat net ze maache wär ronderëm d'Stad, am Süden oder am Norde vum Land.

Ech hu virun dat Beispill geholl - kommt, mir huelen dat! - am Norden, vun Dikrech an esou



weider. Ech mengen, dat mécht awer vläicht Sënn, sech an Zukunft Gedanken doriwwer ze maachen, well déi Mobilitéétsfro, ech mengen, den Här Gibéryen huet et virdru gesot, mir kommen do einfach net no. An et geet net duer, mat engem Moyen ze soen: Dat ass elo d'Léisung. Ech mengen, mir mussen all déi Moyenen cumuléieren. Dofir kënnst jo déi Debatt, wéi den Yves Cruchten gesot huet, fir d'Autobunnen ze vergréisseren an esou weider. Mä mer sollten awer och vläicht deen Train-Tram net elo verdamen, dass dat wierklech eng Katastroph war.

Ech mengen, wa mer eis doriwwer eens sinn, da wär kee Problem do. Ech wollt dat just, wann Der erlaabt, nach eng Kéier soen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. An elo kënnst den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, ganz schnell, fir dass ech keng Zäit hunn, fir nach eng Fro ze stellen.

(*Hilarité*)

► **Une voix.**- Très bien!

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Ech wëll emol fir d'Éischt hei soen, dass ech immens frou sinn, dass, bis op dräi Ausnamen, hei eng richteg Trambegeeschterung ausgebrach ass an deem Parlament. Well wann ech hei alles nogelasscht hunn, wat hei alles gefuerdert gëtt, ech mengen, da gëtt et kee Stéck méi am Land, wou net herno en Tram fiert.

(*Hilarité*)

Neen, Wolz. Ech mengen effektiv, de Buergermeeschter vu Wolz war deen Eenzege, dee sech net gemellt huet, ...

(*Hilarité*)

... mä fir de Rescht mengen ech, war zimlech alles ...

(*Interruption*)

Péiteng och nach? Okay, da maache mer en och nach op Péiteng.

(*Hilarité et brouhaha*)

Neen, Här President, Spaass beisäit. Ech wëll vläicht am Ufank e puer Wuert soen iwwert déi zwou Extensiounen, déi geplangt sinn, awer ech maachen et ganz kuerz. Ech wëll der Madamm Lorsché Merci soe fir hire gudder mëndlechen a schrëftleche Rapport, wou alles dran ass, ëm wat et geet.

Fir d'Éischt emol zu deem Deel op d'Cloche d'Or, Ban de Gasperich, Houwald, fir deen unzabannen. An ech muss soen, et läit mer wierklech um Häerz, ze betounen, dass dat deen allerwichtigsten Deel ass, dee relativ schnell oder esou schnell wéi méiglech muss gebaut ginn. An ech muss och soen: Et ass richteg, dass mäin Haaptsoeci war, wéi ech an d'Regierung komm sinn, fir de MoDu, deen ech 2012 och begréisst hunn an der Opposition, esou séier wéi méiglech ëmzesetzen. Ech muss alerdéngs soen - an dat wëll ech awer hei ënnersträichen -, dass am MoDu den Tramausbau dohinner eréischt virgesi war fir 2030.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Horizont 2030!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, Horizont 2030, Här Wilmes, dat ass net Horizont 2021. Do si mer ons jo awer eens, neen?

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- An net 2030!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, dat sinn zéng Joer virgezunn. Gitt eis dee Meritt, dass mer dat awer agesinn haten! An ech wousst och firwat. An ech wousst och firwat! Den Här Wilmes huet mer eng Fro ze stellen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Soll ech em d'Wuert ginn?

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, selbstverständlich.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Wilmes, ech ginn lech d'Wuert.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Neen. Ech hat jo virdru de Choix getraff, näischt ze soen.

(*Brouhaha général*)

► **Une voix.**- Très bien!

Well ech wosst, ech hunn drop gewaart, ...

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech mengen, et wier och besser gewiescht, Dir wäert dobäi bliwwen!

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Ech hunn näamlech festgestallt, dass et net géif erëmkommen. Mä elo sot Der et awer nees. Mä Dir musst awer fairerweis zouginn, kee Mënsch,...

► **Une voix.**- Stellt Är Froen!

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Och elo d'CSV, mir sinn natierlech frou, dass dat éischter geschitt ass. Mä esou stoung et awer och an der Dokumentatioun dran! An dat ass awer ni erwänt ginn! Et ass eng Kéier en toutes boîtes erausgaangen am ganze Land, wou de Phasage erkläert war. Do stoung dran Horizont 2030, an et stoung erkläert ënnendrenner, dass et natierlech géif ofhänke vun der sozioekonomescher Entwécklung vum Land an notament vun der budgetärer Situatioun. Ech kann lech dat hei virlesen, ech hat et eng Kéier erausgedréckt.

► **Une voix.**- Neen!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här Wilmes, Der sidd...

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- An dat heescht, deemools ware mer 2012 an enger Situatioun, wou mer an enger Kris waren, wou mer net wossten, ob mer déi Suen hätten, fir et esou séier ze maachen. Awer keen, kee contestéiert, och mir net als CSV, dass et gutt ass, dass dat elo séier gemaach gëtt. Mä mer wäer just frou, wann endlech géif opgehele ginn, ze soen, dass wär eréischt 2030 geplangt gewiescht. An „Horizont“ ass approximativ, dass ass ongeféier, an et hätt näischt verhënnert, dass éischter ze maachen, wat Der jo gemaach hutt. Voilà!

(*Brouhaha*)

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, do war zwar keng Fro dran, mä ech wëll awer nach eng Kéier dorobber agoen, fir dem Här Wilmes ze soen,...

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Sidd Dir och där Meenung, dass dat awer net falsch ass, wat ech gesot hunn?

(*Hilarité générale*)

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, ech sinn där Meenung, Här Wilmes, dass Der dat Dokument natierlech gutt gelies hutt an et och richteg zitiiert. An zum Horizont 2030 soen ech lech, d'Strukturdaten, wéi Der se nennt, wivill Aarbechtsplazen am Ban de Gasperich an op der Cloche d'Or, um Houwald géifen entstoën, déi waren 2012 glaskloer. Well 2012 war scho relativ kloer, wat éischens do war an och wat an den nächste Jore géif dohinner kommen.

An ech kann lech soen, dass ech mat där Kap, déi ech virdrun hat, déi Dir elo hutt, dass ech mech mat där Kap als Mobilitéétschaffé scho Jore virdrun duerfir agesat hunn an ëmmer sougutt dee viregte Minister wéi deen, deen nach virdrun do war, versicht hunn ze drécken, dass, wann ech gelift, deen Tram soll direkt gebaut gi bis op d'Cloche d'Or erop, well ech einfach der Iwwerzeegung war, dass dat unerlässlech wär, wann déi Cloche d'Or an de Ban de Gasperich nach solle fonctionnéieren. Also déi Strukturdaten, déi hunn 2012 ganz kloer erginn, dass een dat direkt misst maachen an net eréischt no 2020.

An da wëll ech lech och soen, wat de Finanzement ubelaangt: Also mir hunn 2014 hei dat éischt Finanzéierungsgesetz gestëmmt. Dat hutt Der matgestëmmt. Parallel dozou hu mer eng Motioun eraginn. An déi Motioun huet mer et iwwerhaupt eréischt erlaabt, dass ech d'Studie kéint maachen, fir dass mer fir 2021 dat heite fäerdegkréien.

Dir hutt déi deemools net gestëmmt mam Argument, well Der gesot hutt, de Finanzement wier net kloer. De Finanzement war deemools genausou kloer wéi haut. Well ech hunn deemools gesot, dass d'Regierung an d'Koalitionsofkommes drageschriwwen huet, dass de Stat sech géif engagéieren a verflichten, dass esou séier wéi méiglech ze bauen, well mer déi Strukturdaten eecht geholl hunn, an dass de Stat géif 100% vum Finanzement iwwerhuelen. A genau dat steet hei an deem Gesetzestext dran. Dir hutt dat deemools net matgestëmmt. Kommt, mir sinn awer fair, da soe mer dat esou!

Ech si frou, dass Der haut Är Meenung geännert hutt. Ech fannen, am Liewen ass et net esou, dass engem eng Zack aus der Kroun erausfällt, wann een eng Kéier seet: Ech hu meng Meenung geännert. Ech si frou, dass Der se geännert hutt an dass Der haut d'Gesetz matstëmmt.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech wëll

awer dann och soen, dass deen aneren Deel op de Findel zwar vläicht net gradesou wichteg ass wéi deen op der Cloche d'Or - deen op der Cloche d'Or ass méi urgent -, mä deen op de Findel ass och ganz wichteg.

Firwat? Mä weinst dem Héienhaff a well ronderëm de Findel natierlech vill Aarbechtsplazen entstinn a ganz vill Leit vun do kommen. An et gëtt esou gebaut vun den Accèsen, dass natierlech mat deem Park & Ride, e grouse Park & Ride, deen dohinner kënnst, ganz kloer eng ganz nei Méiglechkeet geschafe gëtt, fir do de Verkéier ze entlaaschten, haaptsächlech och dann eben um Kierchbiere op deenen Accèsen, wou mer wëssen, dass mer haut grouss Problemer hunn, well déi Leit kënnen do op den Tram herno an Zukunft ëmsteigen.

Also déi zwou Extensiounen si wichteg. Natierlech ass den Timing extrem serréiert. Et ass ambitéi, fir den Dezember 2021 dat fäerdeg ze hunn. Mä ech mengen, et ass e puermol gesot ginn, och vum Här Lies: Et muss ee sech hei ambitéi Ziler setzen, fir dass ee weiderkënnst. Et ass och esou, den Här Lies huet eng ganz Rei richteg Remarquë gemaach am Zesammenhang mam Houwald. Mir hunn elo emol eng Konventioun zesummen ausgehandelt an ausgeschafft, déi ënnerschriwwen ass tëschent dem Stat an engem grouse Propriétaire vun Terrainen an der Rue des Scillas, déi mer brauchen. Et sinn nach zwee aneren.

Ech muss awer soen, do sinn d'Gesprécher och ganz positiv a ganz konstruktiv. Déi wollt just net mat op de Wee goe vun enger Konventioun, mä si hu gesot, si wëlte separat mam Stat den normale Wee fuere vun Emprisë verkaufen, oftrieden un de Stat. An ech mengen, dass ass elo dem Stat a mir zimlech egal. Ech mengen, et geet eis drëms, dass mer hei séier weiderkommen.

Do ass och eng Entreprise derbäi, ech mengen, déi iergendwann eng Kéier mëttelfristeg wäert wahrscheinlech vun do fortgoen. Mir hëllefen och, dass déi en aneren Emplacement fënnst, souguer een, dee besser läit fir si als Entreprise wéi haut. Mä ech mengen, dass déi Gesprécher ganz gutt lafen, an ech si ganz optimistes, dass mer dat hikréien.

An och, Dir hutt zu Recht d'Fro opgeworf vun den Haiser, déi elo... Do sinn een, zwee Haiser e bëssen duerch Emprisë betraff. Do lafen d'Diskussiounen awer och ganz gutt, muss ech soen. Mä virun allem hunn d'Leit sech natierlech Suerge gemaach, ob dat net géif Kaméidi maachen. An ech mengen, d'Gesprécher sinn och do ganz gutt.

A mir hunn hinne versprach, also LuxTram esou gutt wéi Ponts et chaussées, dass am Kontext vum Embau vun der Strooss wéi och vum Tram - den Tram läit zwar op där anerer Säit, deen ass elo net esou direkt betraff - natierlech alles gemaach gëtt, wéi Kaméidisetüden, a gekuckt gëtt, och Mesuren ze ergreifen, dass keng Nuisance fir déi Leit do ass. An ech muss och soen, dass déi Gesprécher och ganz positiv waren.

An dann zu där Fro mat dem Ausbau vun der Gare Houwald, also dem Accès eriwuer a Richtung Ban de Gasperich. Ech mengen, dass ass ganz kloer och mäi Wonsch. An ech hu sougutt de CFL wéi och de Ponts et chaussées gesot - well d'Ponts et chaussées fänken d'nächst Joer un, d'Busgare ze bauen op där anerer Säit -, dass mer direkt dee Foussgängeriwweg matbauen. Dat misst relativ gutt goe parallel zu dem Bau vun der Busgare.

Dat heescht, dass scho laang virdrun, ier de Pôle d'échange, also déi ganz Gare fäerdeg ass an den Tram do ass, et mindestens scho vun der Gare Houwald och iwwer ee Fousswee an och souguer vläicht e Véloswee méiglech gëtt, fir Richtung Ban de Gasperich an op de Park & Ride ze kommen, wat sécherlech an der Iwwergangsphas, déi net einfach gëtt, vill hëlleft.

Ech mengen, mir müssen eis hei bewosst sinn, 2019 wäerten do ganz, ganz vill Aarbechtsplaze bäikommen an dann hu mer nach net den Tram an och net de Pôle d'échange a senger kompletter Versioun, déi ganz Gare, wéi se herno wäert fäerdeg sinn an esou weider. Dat gëtt eng ganz schwierig Phas, obscho mer d'Boulevard bis dohinner fäerdeg kréien. Ech mengen, Dir gesitt jo...

(*Interruption*)

Gelift?

► **Une voix.**- A mir hunn de Stadion.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, genau. Also ech mengen, dass dat eng schwierig Phas gëtt a mir musse kucken, dass an där Iwwergangsphas do, bis dann den Tram an d'Pôle-d'échange fäerdeg sinn, alles wierklech esou gemaach gëtt, dass méiglechst vill Méiglechkeeten awer kënnen bestoen, fir dohinner ze kommen.

Och de Busreseau ass jo schonn ëmorganiséiert ginn haut, sougutt d'Stad Lëtzebuerg huet zwou Buslinnen organiséiert, déi elo wäerten d'Gare scho bedéngen an eriwuerfueren an de Ban de Gasperich, wéi mir och um Niveau vum RGTR hunn eng Rei Linnen esou geluecht, dass mer vun do eng Verbindung kréien.

An dat ass och e grouse Gewinn, muss ech soen, well ganz vill franséisch Frontaliere schaffen an där Aktivitéitszon do, an deenen Aktivitéitszonen do. An déi wannen natierlech och elo haut, genausou wéi een, dee vum Norden erokënnst, scho mat der Gare Houwald enorm vill Zäit, well déi net méi op d'Gare Lëtzebuerg brauchen ze fueren an da mat engem Bus erëm komplizéiert zréckzufueren. Déi hunn en direkten Accès eben op hir Aarbechtsplaze vun do.

Zu dem weideren Ausbau duerno, dass heescht de regelrechte Contournement vun Alzeng, wat jo dat lescht Stéck ass, do si mer amgaange mat der EIE, do ass déi éischt Phas ageleet. Dat heescht, den Environmentsministère an och de Ministère de l'Aménagement du territoire, déi hunn d'Këschte mat den Dossiere scho kritt. Déi hunn en Delay vun dräi Méint, wou se müssen hir Avisen ofginn. Dat wäert da bis Enn Mäerz fäerdeg sinn. Ech ginn dovun aus, dass mer Abrëll, Mee an d'ëffentlech Prozedur gi fir dee ganze Contournement an dem Kader vun der EIE, soudatt mer dat nach virum Summer kënnen ofschléissen an dass dann ab Hierscht, géif ech emol soen, d'Stroossebauverwaltung kann um APD schaffen.

Dann nach zu deene ganzen Ausbaupropositionen, déi hei gemaach gi sinn. Ech wëll elo net op déi eenzel Detailler agoen. Ech mengen, dass mécht net ganz vill Sënn. Ech wëll just soen, dass mer sollen oppassen, bei aller Freed, déi ee kann hunn, fir elo iwwerall Trammen ze bauen: Mir müssen haut an eise Mobilitéitsbedierfnisser, déi mer hunn, op d'Multimodalitéit setzen. Dat heescht vum Foussgänger bis zum Auto, alles, d'ganz Kette vu Mobilitésträger, déi et gëtt, musse mer notzen an intelligent notzen a matenee verknäppen. An da mécht et net ëmmer Sënn, elo ze mengen, mer géifen iwwerall mam Tram de Problem léisen.

Éischens kann den Tram nëmme fonctionnéieren am Zesummespill mam ganze Rescht an zweetens gëtt et Plazen, wou et vläicht aner Verkéiersmëttel gëtt, déi weinst der Capacitéit, déi mer brauchen, duerginn, also wou mer net onbedéngt en Tram musse bauen. Also d'Beispill vun der N11: Mir si ganz an den Detailstudien, fir vum Waldhaff eng Busspuer op de Kierchbiere ze bauen. An do kënnst dann e Bus-Pôle d'échange um Waldhaff. Dat géif ganz vill hëllef fir d'Leit, déi vun der lechternacher Streck kommen, dass déi mat de Busse ganz schnell op de Kierchbiere kommen oder vill méi schnell wéi haut. Mä wéi gesot, dee Projet ass an der Schlussphas a léisst sech och maachen. An et gëtt och eng Studie gemaach, wéi mer vun do aus weiderfueren.

An ech mengen, et muss een einfach realistesch sinn. Am Moment, vun der Capacitéit hier, ass dat zum Beispill an där Richtung dat, wat mer do brauchen. Mä fir de Rescht géif ech soen, alles dat, wat hei opgeléicht ginn ass, mir hu jo zwou Saache gemaach als Ministère: Mir hunn éischens déi Luxmobil-Studie gemaach, déi jo ofgeschlossen ass, wou mer amgaange si mat der Auswärtung, wou mer vun engem éischten Deel schonn déi grob Zuelen ausgewäert hunn.

Mä do sinn Honnerten an Dausenden Detailzuelen, déi wäert ech am MoDu all virstellen: d'Gewunnechte vun de Leit, firwat maache se dat eent an net dat anert, jee nodeem vu wou se kommen. Do sinn d'Frontaliere mat agebaut. An op Basis vun deem Zuelematerial wëlle mer jo dee MoDu 2.0 ausschaffen, fir ze kucke fir d'Zukunft, wat mer maachen.

An da gëtt et eng zweet Studie, dass ass eng Käschtenteststudie, wou e grouse Schwäizer Büro dru schafft, wou mer eis wierklech en Instrument an de Grapp ginn, fir dass mer wierklech präzis kënnen ofweien en fonction vum Problem, wat dann deementsprechend dat Effikasst ass, wat mer da kënnen maachen. An et ass nëmme mat deenen zwee Instrumenter zesummen, wou mer dann och déi richteg Decisionen huelen. A mir musse ganz sécher nach eng Rei Decisionen huelen - dass hunn ech jo schonn oft gesot -, fir verschidden Ausbauten ze maachen, ob dat elo Tram ass oder Zuch ass oder aner Saachen.

Mä ech mengen, kommt, mir waarden, bis déi Etüde fäerdeg sinn, an da kucke mer dat a Rou zesummen duerch! Dir kritt jo vu mir fir déi Debatt schonn - loosse mer soen! - déi grouse Linnen, grouse Elementer als Input, fir dass déi Debatt kann uerdentlech virbereet ginn. An dann, Mëtt Mee, ass déi Fortsetzung vum MoDu ofgeschlossen. Da wäerte mer gesinn, wat sech do als dat Bescht fir déi eng an déi aner Region ausstellt. An dann hu mer och net einfach aus der Héft geschoss.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ech wëilt dann nach, Här President, op déi puer Motiounen agoen, déi deposéiert gi sinn. Fir d'Éischt déi Motioun vun der ADR. Also éischstens wëll ech soen, datt dat jo net richtig ass, wéi dat hei duergestallt gëtt.

Firwat ass et beim Tram wichteg, datt ee Franséisch versteet? Majo, dat ass wéi iwwregens bei de CFL och. Ech kann lech soen, bei de CFL ass keen, dee Chef de circulation ass oder deen op der Maschinn fiert, dee kee Franséisch kann, well déi ganz Instruktiounen effektiv, déi gi meeschtens - mir erfannen déi zu Lëtzebuerg net nei -, déi ginn aus dem Franséischsproocheg ganz vill iwwerholl. An datt een do muss franséischsproocheg Kenntnisser hunn, ech mengen, dat misst awer jiddwerengem alichten an datt dat och eng Konditioun muss sinn, fir agestallt ze ginn.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Dach, Dir sot, mä Dir sot hei...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Och Lëtzebuergesch als Konversationsprooch.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Neen. Lëtzebuergesch, ech soen lech, Lëtzebuergesch gëtt gefrot. Ech kann lech just...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Neen. Ech kann lech just soen... Här Gibéryen, ech kann lech just soen, et waren onwahrscheinlech vill Leit, déi sech gemellt haten, fir um Tram zum Beispill ze fueren - well dat ass jo nach deen einfachste Posten -, wa mer deen emol huelen. An do si prioritär all Lëtzebuurger, déi sech do gemellt hunn - et ass jo awer net nëmmen d'Sprooch, déi zielt, mä och psychologesch Aspekter, ob se wierklech och géeegegent sinn, fir ze fueren an esou weider -, wa se alles dat erfëllt hunn a se waren och nach Lëtzebuurger, se hu Lëtzebuergesch kannt, si se ganz sécher geholl ginn a virgeholl gi par rapport zu aneren. An et si jo och Lëtzebuurger agestallt ginn. Et ass jo net, wéi wa keng Lëtzebuurger agestallt gi wären. Dir maacht, wéi wann dat hei eng Klausel wär, déi duerfir agebaut gi wär.

Dat Zweet, wat ech lech wëll soen, ass: Ech mengen, mir mussen jo awer och realistesch sinn. Et gëtt Beruffer bei LuxTram, technesch Beruffer, an dat hu mer beim Stat jo och, ech mengen, et ass jo net fir näischt, datt den Innenminister an de Fonction-publiques-Minister déi Diskussioun de Moment hunn: Mir hu Rekrutementsproblemer beim Stat generell. Dat hei ass jo elo net Stat, datt ass jo eng privatrechtlech Gesellschaft, déi zwar dem Stat an der Gemeng zu 100% gehéiert.

An Dir hutt verschidden technesch Beruffer, do hutt Der ganz sécher Schwieregkeeten, iwwerhaupt een um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart ze fannen. An och dat ass e Grond, firwat ech dat heiten net ganz gutt fannen.

An da muss ech lech soen, mat deem leschte Punkt sinn ech nu wierklech net d'accord, datt ee Leit vun der Lëtzebuurger Arméi hei soll e Virdeel ginn. Ech wëll lech iwwregens soen, déi Regel do, déi gëtt jo nach plazeweis ugewannt, déi ass immens problematesch. Wann eng Kéier een déi kontestéiere geet, da soen ech lech, da schafe mer se mat Sécherheet of. Et ass...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Jo, dat ass kee Kritär - et deet mer leed -, d'Arméi gemaach ze hunn. Ausser et verbënnt een e Beruff ganz kloer domat, datt ee seet, datt et unablässlech ass, datt ee muss d'Arméi gemaach hunn, fir e gewëssene Beruff ze maachen. Mä Dir kënnt mer jo net wëllen zielen, datt, fir um Tram ze fueren, een do muss wëssen, wéi ee Gewier fonctionnéiert. Well ech

mengen, esou wäit si mer jo nach net!

An duerfir mengen ech, bei där Motioun hei, wär ech frou, wann d'Chamber déi géif ofleenen, Här President.

(Brouhaha)

Dann déi zwou Motiounen vun deene Lénken. Déi Éischt ass déi vun dem gratis ëffentlechen Transport. Éischstens emol wëll ech nach eng Kéier hei rappeléieren: Dee bëlleegsten ëffentlechen Transport an der ganzer Europäescher Unioun ass zu Lëtzebuerg. Dat kënnt Der roueg nokucke goen. Mir hunn dee bëlleegste vun der ganzer Europäescher Unioun.

A wann ech am Ausland bei menge Kollegee sinn an deenen heiansdo soen, wat bei eis d'Präisser si vum ëffentlechen Transport, da soen déi: „Wow, dat ass jo awer wierklech extrem sozial.“

Dat Zweet ass, mir hunn doriwwer eraus eng ganz Rei, Dir hutt hei elo d'Fro vun de Studenten opbruecht, 30 Joer an esou weider, datt dat jo gratis gemaach gëtt, mä och fir Leit, déi vun der Pauvretéit oder der Exclusion sociale bedrot sinn, och déi kënnen haut scho gratis fueren. Wann déi Leit vun hirem Office social e Brëif ausgestallt kréien, da kréien déi d'office de gratis ëffentlechen Transport. Dat heescht, et ass net esou, datt Leit, déi an der Pauvretéit wären an esou weider, haut net schonn d'Méiglechkeet hätten, de gratis ëffentlechen Transport ze kréien.

(Interruption)

An da gëtt hei lapidar gesot: Jo, et stellt näischt duer an de Recetten. Ech wëll awer soen, wa mer et géifen einfach gratis maachen, dat kascht de Statsbudget 30 Milliounen Euro d'Joer. Dat ass jo awer net, wéi wann dat elo näischt wär. Also mir liewen hei ewell an enger Situatioun - ech erënnere mech, virun dräi, véier Joer ware mer budgetär an enger anerer Situatioun -, bon, et kann een elo soen, 30 Milliounen d'Joer ass näischt, mä dat sinn 30 Milliounen Euro d'Joer.

An, fir dann ze soen, da kéinten déi Leit eppes aneres maachen: D'Billjeeausstellen ass haut souwisoou gréisstendeels digitaliséiert. Dat heescht, do et ass kee méi, dee manuell Billjeeën ausstellt. D'Leit luede sech dat iwwer Internet erof an d'Kontrolleren an den Zich, déi bleiwe souwisoou dran. Dat fannen ech och wichteg, onofhängeg vun dem Billjeekontrolléieren. Déi sollen och duerfir do sinn, fir d'Leit ze informéieren, fir e gewëssent Sécherheitsgefill an den Zich ze ginn an esou weider an esou fort. Also ech mengen, déi schafe mer jo net doduerjer of, ganz sécher net. Mä et sinn awer gewësse Recetten dorobber.

An et ass och net richtig, wann hei steet, datt de Gratistransport derzou géif féieren, datt doduerjer d'Leit géife massiv méi fueren. Et kann een, dat ass dat, wat mer hei gemaach hunn, e gewëssene Promotiounsmoment maachen. Mä et muss ee sech awer keng Illusiounen maachen. D'Leit notzen den ëffentlechen Transport, wann d'Qualitéit an d'Offer gutt ass. Dat kënnt Der an alle Studien noliessen. Iwwregens, d'Schwäiz ass dat Land, wou den ëffentlechen Transport op der Welt am meeschte genotzt gëtt an d'Schwäizer hunn x Etüde gemaach doriwwer, do spillt dat alles keng Roll. Et ass just d'Offer, déi zielt. An duerfir wär ech och frou, wann d'Chamber, wéi gesot, déi Motioun géif ofleenen.

An déi drëtt Motioun, déi déi Lénk gemaach hunn, Dir hutt jo nach eng gemaach... Gelif?

(Interruption)

Pardon, déi zweet. Do muss ech soen, do war ech erstaunt, wéi ech déi gelies hunn, well et ass en neie Moment, datt d'Chamber sech soll

amëschen a Kollektivvertragsverhandlung vum engem privatrechtleche Betrib. Also do sinn ech awer der Meenung, datt dat wierklech guer net geet, well wa mer dat hei géifen ufänken ze diskutéieren, hei an der Chamber, wat ech wierklech net géif wënschen a kengem heibanne géif uroden, da misste mer jo och bei allen, bei der Post, bei der Spuerkeess oder wou de Stat Participatiounen huet, BGL BNP Paribas, iwwerall ufänken, hei an der Chamber ze diskutéieren iwwert d'Kollektivverträge. Bonne Chance! Ech wënschen der Chamber et net an ech sinn och do dergéint. An duerfir wär ech frou, wa mer déi och géifen ofleenen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, den Här Wagner freet d'Wuert.

Motions

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Merci, Här Minister och fir déi Äntwerten. Mech géif och interesséieren, well de Käschtepunkt, also, ech menge wierklech, datt een déi 30 Milliounen Euro d'Joer, datt ee sech déi leeschte ka fir den ëffentlechen Transport an datt dat u sech par rapport zu anere Käschten, par rapport zum Ausbau vun der A3 par exemple, eendeiteg manner ass. Also et ass wierklech e Käschtepunkt, deen et derwäert ass.

A souwisoou, ech mengen, et kann een et jo net just esou kontabel arechnen. Well bei der Etüd iwwert den Tanktourismus gëtt jo och e bësse méi subtil gerechent. Et gëtt jo net nëmme gerechent, wivill ee géif verléiere bei den Akzisen. Mä et gëtt och gerechent, wivill den Tanktourismus iwwerhaupt global kascht, wat d'Infrastrukturen ugeet, wat d'Gesondheet ugeet an esou weider. A vläicht kéint een och déi Etüd doriwwer diskutéieren, wa méi Leit nach mam ëffentlechen Transport fueren, well e gratis ass - massiv oder net, doriwwer kann een diskutéieren -, wivill Leit wäerte manner op aner Saachen ërmsteigen. Dat heescht, souwisoou, et ass a mengen Aen e bëssen eng Milchmädchenrechnung.

An, wësst Der, d'Schoul ass zum Beispill gratis, déi ëffentlech Schoul op jidde Fall. Wann ee misst déi ëffentlech Schoul bezuelen, souguer e klenge Minerval, wat weess ech, vu 50 Euro d'Joer oder esou, da kéinten awer d'Pouvoir-publicken deemno wéi soen: Okay, mir setzen dat op 60 Euro oder op 70 Euro graduell erop, lues a lues erop. De Fait, datt d'ëffentlech Schoul zum Beispill gratis ass, dat ass e politesch Hindernis, fir iwwerhaupt drun ze denken, datt ee se iergendeng Kéier misst payant maachen. Dat ass genau déiselwecht Logik. Mir hunn dat mam ëffentlechen Transport, da kann deemno wéi déi eng oder déi aner Kategorie vu Leit, déi kann da manner bezuelen oder e gratis kréien, oder fir déi aner vläicht souguer, deemno wéi, kann et och erhéicht ginn. An do vläicht, deemno wéi, kann ee seng Clientèle bedéngen oder net.

Mir sinn der Meenung: Kommt, mir maachen et méi einfach! Jiddweree kann einfach mam Bus, mam Tram a mat der Bunn gratis fueren. De Marc Baum hat mech nach op eppes opmierksam gemaach: Wann ee vun eis mam Auto op en Zebrasträifen einfach esou parkt wéi e Bëlles an net oppasst, an esou d'Leit hënnert, fir iwwert den Zebrasträifen ze goen, da kritt deen ee gepecht, wat richtig ass, an e bezilt 49 Euro.

Wann ee schwaarz fiert am Bus, kritt een eng Amende vun 150 Euro. Et gëtt een eendeiteg méi sanktionéiert hautzudaags, wann een de Billjee net bezilt vum ëffentlechen Transport, wéi wann ee sech egal wéi behëlt mat sengem Auto op der Strooss. Dat ass u sech eng Saach, iwwert déi ee kéint nodenken, dat heescht, et ass interessant ze gesinn. Déi 30 Milliounen Euro, ech mengen, dat ass e ganz gudden Invest a par rapport zu deene risegen Investe, déi d'Regierung gemaach huet, ass dat e Brochdeel. Dofir plädéiere mer derfir, datt et ugeholl gëtt.

(Brouhaha)

An duerno déi aner Saach, wat den Tram ugeet: Mir froen net, datt d'Chamber sech amëscht, mir ruffen d'Regierung op, d'Regierung! Mir hunn dat och am Stater Gemengerot gemaach, déi Motioun ass leider net ugeholl ginn.

► **Une voix**.- Et pour cause.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Jo, et pour cause, well a Wierklechkeet immens vill Leit keng Politik méi wëlle bedreiwen. Ech war vläicht net do de Sonndeg bei der Aweigung, ech hat meng Ursachen, ënner anerem, datt mer relativ vill Aarbecht haten als kleng Fraktioun, an da muss ee sech do virbereeden. Mä mir maachen eis awer Suergen iwwert d'Leit, déi den Tram wäerte fueren. Well et ass schéin a gutt an et ass och richtig, dat schéin ze feie-

ren a frou an houfreg op den Tram ze sinn, mä et gëtt e Konflikt, an et si Leit, déi sinn net frou iwwert déi Situatioun, an där se sinn. Dofir wäert jo och nach eng Kéier negociéiert ginn.

An dofir wëlle mer, datt d'Aktionäre Politik maachen, dat d'Stad Politik mécht an datt de Stat Politik mécht. Et geet net drëms, datt mir eis an all Klenggeheet amësche vun enger Societéit, dat wëlle mer net. Mä an de grouse Froe mussen awer d'Pouvoir-publicke kënnen agräifen. Dat maache se, wann et néideg ass. An duerno - wa se dat net wëllen, well et geet em sozialen Dumping an et gëtt e Prezedenzfall geschafen a Wierklechkeet - deemno wéi bei de Bussen an esou weider kéinte se och à la baisse negociéieren. Dat ass op jidde Fall eng Angscht, déi d'Leit hunn an de Gewerkschaften. An ech weess net - vu datt net vill informéiert gëtt -, ob déi Angscht berechtigt ass oder net, mä deemno wéi ass dat awer och eng Gefor, déi do lauert. Dofir ruffe mer d'Regierung op, e gudde Geste ze maache bei den Negociatiounen a Richtung vun Doleancé vum Personal, well ouni déi wäert keen Tram fueren.

An dovunner ofgesinn, et gouf och eng Kéier gesot: „Tramfueren ass net datselwecht wéi Busfueren.“ Jo, dat ass wouer. Ech krut dat erkläert am Gemengerot vun enger Persoun, déi weder Buschaufferin ass nach Tramfuererin. Ech hunn elo awer mat engem Buschauffeur geschwat. Hie seet: „Et ass wouer, beim Bremsen ass et méi komplizéiert, wat den Tram ugeet, op jidde Fall, d'Zäit ass méi laang wéi beim Bus.“ Also et ginn aner Komplikatiounen. Et ass net onbedéngt méi einfach, wéi dat esou duergestallt gëtt. A mir hunn et jo gesinn: Wann en Auto duerch rout fiert, da muss awer den Tramfuerer iergendwéi eng Reaktionsperiod hunn, déi aneschtens funktionéiert.

Ech soen lech Merci.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President, just ee Saz wëll ech awer soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Well dat do e bëssen esou duergestallt gëtt, wéi wann de Moment bei LuxTram dee leschte Wildwuchs wär. Also déi Entreprise, déi gëtt et jo nach net laang. Déi Leit, déi elo do schaffen, déi schaffen zënter e puer Méint do, den Tram fiert zënter net emol enger Woch. Mir hu Gesetzer, déi schreiw vir, ab wivill Mataarbechter een eng Delegatioun muss hunn, ab wivill Mataarbechter een e Kollektivvertrag muss hunn. An duerfir brauchen d'Regierung oder d'Chamber näischt ze maachen. Et ass dat Normalst: LuxTram als Gesellschaft muss sech un d'Gesetzer halen. An déi Gesetzer gesi vir, datt déi Delegatioun wäert zesummegeat ginn, an datt dann do mat de Gewerkschaften, wa se emol all organiséiert sinn, och e Kollektivvertrag ausgehandelt gëtt.

An ech mengen, bis elo hunn ech keen héiere bei LuxTram an der Direktioun soen, si wëllte sech net un dat Gesetz halen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Zu de Motiounen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Elo zu de Motiounen, dann hu mer d'Motiounsdiskussioun an engems erleedegt. Den Här Gibéryen, wann ech gelift.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, Merci, Här President, ech wëilt och kuerz Stellung huelen zu de Motiounen. Wat d'Motioun ubelaangt, déi de Kolleg Roy Reding erabruecht huet, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, datt mir net soen, et bräicht ee kee Franséisch, well mir sinn och der Meenung, datt ee muss Franséisch kënnen. Mä an den Ausschreiwungen ass Lëtzebuergesch keng Konditioun méi. An den Ausschreiwunge steet, datt ee muss Franséisch kënnen an datt Lëtzebuergesch, wann een dat kann, e Virdeel ass. A mir sinn der Meenung, datt Lëtzebuergesch och misst eng Konditioun sinn. Dat ass d'Differenz, datt Lëtzebuergesch och misst eng Konditioun sinn.

Ech war allerdéngs iwwerrascht iwwert d'Ausso, Här President, déi den Här Minister elo hei gemaach huet, wat déi Leit vun der Arméi ubelaangt, wou e gesot huet: „Wann eng Kéier do ee klot, kréie mer Problemer.“ Ech weess awer, datt elo d'Gemengen a Gott weess wien, ëffentlech Institutiounen am Land, jo awer quasi forcéiert ginn oder datt et eng Obligatioun ass, fir d'Leit, déi aus der Arméi kommen, anzustellen.

Wann d'Regierung...

► **Une voix**.- Droit de priorité.



► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Voilà! Se hunn eng Prioritéit, fir agestallt ze ginn.

(**Interruption**)

Dat heescht an anere Wieder,...

Wat gelift?

(**Interruptions**)

Jo, mä se hunn awer... Wann dat richteg ass, wat den Här Minister hei gesot huet, da kann d'Regierung net méi soen, datt se eng Prioritéit hunn. Well dat ass elo eng Ausso hei gewiescht, déi fir mech awer wierklech iwwerraschend war. Déi war fir mech iwwerraschend! Wann e Regierungsmember hei seet, hie wär der Meenung, datt, wann een do géif kloen, dann hätte mer Problemer, datt mer deenen d'Prioritéit ginn, dann ass dat awer eng nei Positioun, déi ech elo hei vun der Regierung héieren hunn.

Dann déi éischt Motioun vun de Kollege vun deene Lénken, wat de Gratistransport ubelaangt. Mir haten och schonn an eisem Wahlprogramm e puermol de Gratistransport. Ech mengen, d'Sozialisten haten en iwwregens och viru Joren eng Kéier an hirem Wahlprogramm stoen. Et misst een emol eng Kéier kucken, Här Minister - Här President, ech wéilt den Här Minister dat froen -, wien alles momentan mat dem éffentlechen Transport scho gratis ka fueren.

(**Interruption par M. François Bausch**)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, zuele méisseg, zuleméisseg.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Och zuleméisseg.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Majo, da kënnt Der eis jo soen,...

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech hunn lech gesot: Dat kascht eis 30 Milliounen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...ech schwätzen net vun de Studenten, ech schwätzen net vun de Studenten. Mä mer hu jo och déi Leit, déi d'Invalidekaart hunn.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- 70.000.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- 70.000?

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dann hu mer d'Studenten. Dat sinn der och e puer Dausend. Dann hu mer déi Leit iwwer 60, déi fuere fir mat 100...

(**Hilarité**)

Fir 100 Euro, net mat 100, well dat wier jo schéin! Mä déi fuere fir 100 Euro. Dann, laut dem leschten Accord salarial vum der Fonctioun publique, kréien d'Leit aus der Fonctioun publique alleguer d'mKaart fir 150 Euro. Dat heescht, do iwwerhëlt dann de Stat souwisou d'Differenz. Wa mer herno kucken, wien nach de vollen Tariff bezilt, da sinn et am Fong nach just déi Leit, d'Salariéen aus dem Privatsektor, déi all Dag schaffe ginn. A soss bezilt hei am Land kee méi en.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här Gibéryen, déi Betriber kréien déi nämlechte Konditiounen wéi de Stat.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ma da kënnen deenen hir Betriber... Mä et sinn am Fong nach just d'Leit aus dem Privatsektor, déi schaffe ginn, déi de vollen Tariff bezuelen. Soss bezilt entweder kee méi de vollen Tariff, oder e bezilt guer näischt méi. An duerfir mengen ech, huet dat kee Wäert, datt een...

Duerfir ënnerstëtzt mir déi Motioun. Et soll een den Transport gratis maachen, well een och mat där Tarifikatioun, wéi se elo gemaach gëtt hei am Land, grouss Ennerscheeder, Ongerechtegkeeten huet.

Firwat leet de Stat bei senge Leit esou vill bäi a wann ee Private fiert, kritt en näischt bäigeluecht? Da kann de Stat jo bei jiddwerengem dat bäileen, amplaz datt hei esou vill Kategorie vu Leit schaffen an et am Fong nach just d'Salariéen aus dem Privatsektor sinn, déi am Abléck de vollen Tariff musse bezuelen. Duerfir wäerte mir déi Motioun ënnerstëtzen.

Wat déi zweet Motioun ubelaangt, déi d'Kollektivvertragsverhandlungen ubelaangt, stëmme mer net mat. Do si mer genau därsewechter Meenung wéi dat, wat de Minister hei gesot huet: Et ass net um Parlament, sech an d'Tariffautonomie vun de Sozialpartner an-

zeméschen. Mir hunn e Gesetz iwwert d'Personaldelegatiounen, dat seet: Soubal e Betrib méi ewéi 15 Leit huet, muss en eng Personaldelegatioun hunn. Dat wäert bei där heite Sociéitéit de Fall sinn an da wäert schonn e Kollektivvertrag gemaach ginn tëschent dem Betrib an de Gewerkschaften. A mir si gutt beroden als Parlament, eis aus deene Verhandlungen erauszehalen, well do komme mer an Däiwelskichen. Soss maache mer virun allem Negociatiounen, wou de Stat mat dra vertrueden ass. A wou de Stat dran ass, huele mir fir d'Éischt hei eng Deliberatioun, wou mer soen, wéi d'Resultat misst sinn, wat de Stat misst agestoen. Ech mengen, dat wëlle mer net. An duerfir stëmme mir hei géint déi Motioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech mengen, da maache mer déi Motiounsdiskussioun och elo hei fäerdeg an da kënnen mer eent nom aneren ofstëmme. Den Här Bodry, wann ech gelift.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech wëll just zwou Bemierkunge maachen. Fir d'Éischt fällt mer erëm eng Kéier op: Nodeems mer grad eng Budgetdiskussioun haten, wou besonnesch d'ADR kritiséiert huet, dass mer ze vill Defizit beim Statsbudget hätten, dass mer net däerfte weider léine goen, an hei, kaum ass déi Debatt eriwwer, mécht se eng Propos, déi derzou féiert, dass mer sollen op 30 Milliounen Euro Einnahme pro Joer verzichten. Et geet awer genau an déi contraire Richting wéi dat, wat se nach gëschter hei gepriedegt huet. Souwäit zur Seriositéit an zur Gradlinegkeet vun där dote Partei a finanzielle Froen.

Dat Zweet ass: Et kann ee sech nëmme wonnere, dass hei drasteet, dass d'Regierung soll derfir suergen, dass eng gewësse Kategorie vu Leit soll bei enger Ausschreiwung eng Prioritéit kréien. Et deet mer leed, dat kann nëmmen e Gesetz maachen. D'Regierung, wa se sech un d'Regelen hält, déi haut an engem Rechtsstat gëllen, däerf dat net maachen. Dat kann nëmmen e Gesetz maachen. An déi dote Motioun kann esou op kee Fall gestëmmt ginn. Et ass contraire zum grouse Prinzip vun eisem Rechtssystem.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Weider Wuertmeldungen? Den Här Gibéryen nach eng Kéier kuerz.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech wëll dem Här Bodry just äntwerten, well e seet, mir wäeren eis inkonsequent. Ech wëll dem Här Bodry, als Lëtzebuergesch Sozialistesche Aarbechterpartei, soen: Ech wollt am Fong hei eng Lanz brieche fir d'Aarbechter, well dat sinn nach déi Eenzeg, déi elo de vollen Tariff bezuelen.

(**Brouhaha**)

An ech stellen dann hei fest, Här President, datt d'Sozialisten dergéint sinn, datt déi Leit, déi all Dag schaffe ginn, solle méi e bëlleegen Tariff kréien.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Populismus puer!

(**Brouhaha**)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen. Et ass d'Realitéit.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Hunn ech nach weider Wuertmeldungen?

(**Brouhaha**)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat ass d'Realitéit, dat ass d'Realitéit.

(**Interruption**)

Wat?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- D'Prioritéit.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ma mir wäerten dach nach amstand sinn, do Prioritéit... Ech hu gëschter a menger Interventioun hei gesot...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Iwwer e Gesetz oder net iwwer e Gesetz?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech hu gëschter nach hei gesot, datt vill Leit,...

► **Une voix**.- Dat misst Der wëssen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...datt et hei am Land nach Leit ginn, déi eng Ënnerstëtzung brauchen. An dozou gehéieren déi, déi ech elo grad hei genannt hunn.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Iwwer e Gesetz oder net iwwer e Gesetz?

(**Brouhaha**)

Keng Äntwert ass och eng Äntwert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wat huet dat elo hei dermat ze dinn?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà! Ech géif mengen, Kolleginnen a Kollegen, dass mer prett wäeren, fir fir d'Éischt iwwert déi zwéi Projeten ofestëmme an dann iwwert d'Motiounen. Ech géif d'Ofstëmmung lancéiere fir de Projet 7209.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7209 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme an dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

57-mol Jo, 3-mol Neen. De Projet 7209 ass domat ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer zum Projet 7210.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7210 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt elo gläich un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

57-mol Jo, 3-mol Neen. De Projet 7210 ass domat ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Tess Burton), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Max Hahn), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber och hei bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Da géife mer zu der éischter Motioun vun de Kollege vun deene Lénke kommen.

Vote sur la motion 1 (liée aux projets de loi 7200 et 7201)

Wie mat der Motioun 1, abruecht vun déi Lénk, d'accord ass, ass gebiede mat Jo, wien dergéint ass, mat Neen ze stëmme.

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

5-mol Jo, 55-mol Neen. Domat ass déi éischt Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marco Schank), Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Tess Burton), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir géifen dann zu där zweeter Motioun iwwergeen.

Vote sur la motion 2 (liée aux projets de loi 7200 et 7201)

D'Ofstëmmung fänkt un. D'selwecht wéi bei där éischter. D'Ofstëmmung leeft. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

2-mol Jo an 58-mol Neen. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Martine Mergen), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marco Schank), Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen zu der éischter Motioun iwwergeen, déi haut vun de Kollege vun der ADR abruecht ginn ass.

Vote sur la motion 1 (liée aux projets de loi 7209 et 7210)

Mir géife mat der Ofstëmmung direkt ufänken. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo an 58-mol Neen. Domat ass och déi Motioun ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 3 voix pour et 57 voix contre.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Marcel Oberweis), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;



MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Dat si keng Manéieren!

► **Une autre voix.**- Den Här President schwätzt nach.

7. Discours de fin d’année de M. le Président

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Kolleeginnen a Kolleegen, just nach zwou Minutte Gedold, well mer eist Joer awer wëlle wéi gewinnt ofschléisse mat deene sech opdrängende Mercien.

Eis lescht ëffentlech Sëtzung fir dëst Joer geet elo op en Enn. An och wa mer am Laf vun dësem Joer ganz vill geschafft hunn, wëll ech op dëser Plaz net no hannen, mä no vir kucken. 2018 ass wéi 2017 e Wahljoer. Eis Chamber gëtt nei gewielt, an duerfir wäerte méi wéi soss d’Aen an d’Oueren op eis geriicht sinn. Duerfir wënschen ech eis engagéiert a fair Debatten, déi eis et erlaben, déi vill Aarbecht, déi nach virun eis läit, ënner gudde Konditiounen ze meeschteren.

An deenen nächste Méint wäerte Projete wéi zum Beispill d’Reform vun de Services de secours, d’Polizeireform, d’Reform vun de Kierchefabriken, de Spidolsplang, d’Reform vum RMG, d’Gesetz iwwert d’Liewensmëttelsécherheet oder d’Gesetzgebung iwwert d’Prostitutioun um Ordre du jour stoen, doniewent och wichteg Reformen am Familljerecht an am Justizwiesen.

Och eis Aarbechten un der Verfassung wäerte weidergoen. Doniewent kommen eng Rei vu wichtige Debatten op eis zou. Niewent deenen alljäreleche Rendez-vous mat der Aussepolitik an der Lag vun der Natioun, sinn dat den Debat iwwert de Wunnengsbau, e Problem, bei deem mer eis alleguer bewosst sinn, dass et elo wichteg ass, dass mer no den Debatten och an deem doten Dossier virukommen. Et sinn Debatten iwwert d’Landesplanung an iwwert d’Mobilitéit.

D’Chamber wäert 2018 weider Efforte maachen, fir hir Diere breet opzemaachen an d’Bierger nach méi an den demokrateschen Entscheidungsprozess anzebannen. Dofir schaffe mer enk mat dem jonken Zentrum fir politesch Bildung zesummen a wäerten am Fréijoer bei der Porte ouverte vun der Chamber neit Informations- an didaktescht Material iwwert de Fonctionnement vun der Chamber virstellen.

Den Interêt vum Public un der Chamber bleift grouss. 2017 hate mer 127 Visitten an eise Haus, mat am Ganzen iwwer 3.100 Leit, déi an d’Chamber kucke komm sinn an nogelauschtert hunn a mat eis zesummen iwwert d’Wichtigkeet vun deem Haus vun der Demokratie diskutéiert hunn. Dorënner ware ganz vill Schouklasse, mä och vill Erwuessengruppen.

Mir kruten 2017 iwwer 150 Demandes de pétition publique a véier Pétitions ordinaires eran. Aachtmol war dëst Joer en Débat public iwwer eng Petitioun an dësem Haus. 42 international Delegatiounen sinn dëst Joer hei am Haus empfaange ginn. A mir hate wichteg parlamentaresch Missiounen am Ausland. Als Beispill just eng: eis Visitt am Cap-Vert, déi eis ganz plastesch gewisen huet, wat fir positiv Resultater eise staarken Engagement an der Entwécklungszesummenaarbecht bréngt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech alleguer e ganz grouse Merci, besonnesch och fir d’Disziplinn bei deenen Aarbechte vun der leschter Woch, den Deputéiertekolleegen an all eise Mataarbechter aus der parlamentarescher Verwaltung, déi am Hannergrond derfir suergen, datt mir eis Aarbecht gutt kënne maachen, mat un der Spëtzt eise Generol, dem Claude Frieseisen...

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...a sengen zwee Adjointen, d’Isabelle Barra an de Benoît Reiter. Merci un déi parlamentaresch Mataarbechter an de Fraktiounen a Sensibilitëten. Merci der Regierung fir déi gutt Zesummenaarbecht.

(Interruption)

Jo, da sträiche mer dee Saz!

(Hilarité)

A Merci der parlamentarescher Press, déi eis all Dag hëlleft, d’Aarbecht vum Parlament no baussen ze vermëttelen. Ech wënschen Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen an Äre Familljen, alle Leit dobaussen, déi eis suivéieren, schéin, roueg a gerousam Feierdeeg a virun allem, wéi dat sech fir e fréiere Gesondheetsminister passt, eng gutt an zolidd Gesondheet. Maacht et gutt!

Villmools Merci, dass mer bis zum Schluss eng anstänneg Aarbecht gemaach hunn. Merci.

(Applaudissements)

Den Här Alex Bodry huet d’Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng gutt Traditioun, dass och ee vun de Verrieder vun de Fraktiounen hei d’Wuert ergräift zum Schluss, fir dem President Merci ze soe fir deen Engagement an dat Fangerspëtzegefill, wat en - am Regelfall zumindes - un den Dag leet,...

(Hilarité)

...fir déi Geschécker hei vun der Chamber ze leeden, och fir déi Representatioun, déi en vun dësem Haus no bausse mécht. Villmools Merci.

De Merci schléisst selbstverständlech sämtlech Mataarbechter vun eiser Verwaltung mat an, déi hei am Sall sëtzen, déi eis hei begleet bei eisen Aarbechten, an déi ganz vill Leit, déi een net esou oft gesäit dobaussen an eise sëllege Servicer. Et ass ewell e grousst Haus ginn, eis Chamber mat de sëllege Servicer, déi fir eis alleguerten Aarbecht leeschten. Merci fir eng flott Zesummenaarbecht während dësem Joer an och nach vläicht an dësem Virwahljoer, e Wahltermin, deen heiansdo bei eenzelen Debatten duerchgeschimmert huet. Ech mengen kënne hei ze soen, dass mer dat bis elo awer ganz anstänneg gemeeschtert hunn.

Ech géif mer wënschen, dass dat och esou bleift bis de Juli. Mir hu jo och virgesinn, dass mer vläicht bis Enn Juli als Chamber géifen an ëffentleche Sitzungen tagen. Mir hunn net wëlles, eis am Oktober e puer Deeg virun de Wahlen onbedéngt missen erëmzegesinn. Duerfir wäerte mer nach eng Kéier un eise Reglement vun der Chamber schaffen. Mä et stinn nach ganz vill Aarbechte virun der Dier, och wa Leit gemengt hunn, et wär scho praktesch alles gelaf. Ech mengen, mir wäerten - dat wäerte mer all nach spieren - eng ganz flott an och eng e bësse stresseg Zäit kréien, a wéi dat an esou Zäite wichteg ass, gepaart mat enger Rei vun internationalen Engagementer, déi ze huele sinn.

Mir vergiesse ganz schnell. Wann ech zrëckkucken, d’Assemblée générale vun der Frankofonie, dat war eng grouss Organisatioun, déi eis Chamber, eis kleng Chamber huet misse meeschteren. Dat hu mer gutt gemaach. Ähnlech wäert och weider op eis duerkommen.

An deem Sënn, op eng weider flott Zesummenaarbecht an op hefteg, mä fair Diskussiounen. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An ier ech d’Sëtzung dann definitiv schléissen: De Generalsekretär huet mech nach eng Kéier virsiichtshallwer gefrot, ob mer bei deenen zwee leschte Projeten d’Dispens gefrot hunn.

(Assentiment)

Dat ass de Fall.

Da soen ech Iech Merci bis déi drëtt Woch am Joer. D’Kommissiounssëtzunge ginn direkt den 2. Januar un, a Rendez-vous bei den ëffentleche Sëtzungen ass an där drëter Woch. Merci villmools. Kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 19.34 heures)

Sommaire des séances publiques n°s13 et 14

13^e séance

Ouverture de la séance publique p. 145

7200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2018 et modifiant:

- 1° le Code de la sécurité sociale;
- 2° le Code du travail;
- 3° la loi modifiée du 27 décembre 1817 sur le droit de succession;
- 4° la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l’évaluation des biens et valeurs;
- 5° la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l’impôt sur la fortune;
- 6° la loi modifiée d’adaptation fiscale du 16 octobre 1934;
- 7° la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 concernant l’impôt commercial;
- 8° la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l’administration des contributions directes;
- 9° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu;
- 10° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d’une inspection générale des finances;
- 11° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
- 12° la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d’enregistrement, de succession et de timbre;
- 13° la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création de deux établissements publics dénommés 1) Centres, foyers et services pour personnes âgées; 2) Centres de gériatrie;
- 14° la loi modifiée du 9 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l’État;
- 15° la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2002;
- 16° la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;
- 17° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d’accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l’électricité, les produits de tabacs manufacturés, l’alcool et les boissons alcooliques;
- 18° la loi modifiée du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques;
- 19° la loi du 25 novembre 2014 prévoyant la procédu applicable à l’échange de renseignements sur demande en matière fiscale;
- 20° la loi modifiée du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable des zones rurales;
- 21° la loi du 29 juin 2016 portant modification d’une disposition en matière d’impôts directs;
- 22° la loi du 14 décembre 2016 portant création d’un fonds de dotation globale des communes (suite)

et

7201 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2017-2021 (suite)

- *Prise de position du Gouvernement* p. 145-148
- *Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel* p. 150
- *Motions* p. 150-151
- Ordre du jour p. 148
- 7156 - Projet de loi portant règlement du compte général de l’exercice 2016 p. 148-150
- Ordre du jour (suite) p. 151
- 6912 - Proposition de loi modifiant la loi du 25 juin 2004 relative à la coordination de la politique nationale de développement durable p. 151-152
- 7021 - Projet de loi concernant l’Institut grand-ducal p. 152-153
- 7213 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l’entrée en vigueur de la loi du 16 juin 2017 sur l’organisation du Conseil d’État p. 153-154

14^e séance

Ouverture de la séance publique p. 155

Question urgente no3522 de M. Laurent Zeimet et de M. Léon Gloden relative à la contribution financière au Corps grand-ducal d’incendie et de secours p. 155-156

6855 - Projet de loi relatif à un régime d’aides à la protection de l’environnement et modifiant

- 1. la loi du 17 mai 2017 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l’innovation;
- 2. la loi du 20 juillet 2017 ayant pour objet la mise en place d’un régime d’aide à l’investissement à finalité régionale p. 156-157

7060 - Projet de loi portant modification

- 1. du Code du travail;
- 2. de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d’un Code du travail, et abrogeant
- 3. la loi modifiée du 12 février 1999 portant création d’un congé parental et d’un congé pour raisons familiales p. 157-163
- 7144 - Projet de loi relatif à la mise à 2x3 voies de l’autoroute A3 p. 163-167
- 7209 - Projet de loi portant sur la construction du prolongement de la ligne de tramway à Luxembourg entre la Gare centrale et la station Cloche d’Or;
- 7210 - Projet de loi portant sur la construction du prolongement de la ligne de tramway à Luxembourg entre le Circuit de la Foire internationale et l’aéroport du Findel;
- Motion n°1 de M. David Wagner relative à l’introduction de la gratuité universelle des transports publics luxembourgeois (liée aux projets de loi 7200 et 7201)
- et
- Motion n°2 de M. David Wagner relative à l’opposition à toute politique de dumping social dans la société Luxtram (liée aux projets de loi 7200 et 7201) p. 167-175
- Discours de fin d’année de M. le Président p. 175



Suivez la Chambre des Députés sur
Facebook, Twitter et Instagram

